Discussion générale

M. Laurent Mosar *(CSV).-* Jo, Merci och nach eng Kéier dem Guy Arendt fir deen exzellente leschte Rapport. Mir wäerten effektiv seng Rou vermëssen, wéi ech scho virdru gesot hunn.

Dir wäert lech net wonneren, Här President, datt mer och géint dëse Projet wäerte stëmmen, aus Grënn, déi ech virdrun in extenso duergeluecht hunn, soudatt ech lech dat elo erspueren, et nach eng Kéier ze widderhuelen.

Ech wëll just hei nach eng Kéier ënnersträichen, datt niewent deene 600 Milliounen, déi d'Banken an Zukunft an den FGDL musse ginn, hei nach 1,2 Milliarden derbäikommen. Dat heescht, dat gëtt dann trotzdeem e substanzielle Pak vun 1,8 Milliarden, déi op eis Banken - wuel elo net an engem Joer, op aacht Joer - zoukommen, wat awer och net näischt ass.

Duerfir wäerte mir och dëse Projet net stëmmen. Mir sinn awer frou, datt de Minister gesot huet, et misst ee kucken, ob een net eventuell op deenen engen oder anere Punkte kéint zumindest op engem Deel de Banken entgéintkommen. Well, ech mengen, de Finanzminister weess genausou gutt wéi ech, datt dat do awer net einfach ze stemme gëtt, ganz besonnesch fir méi kleng a Mëttelbanken. Duerfir, mengen ech, wäre mer alleguerte gutt beroden, datt mer do vläicht nach eng Kéier géifen eng Schëpp bäileeën.

Dat gesot, wäerte mir, wéi gesot, och géint dëse Projet stëmmen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci dem Här Mosar. Dann hunn ech d'Wuertmeldung vum Här Franz Fayot.

M. Franz Fayot *(LSAP).-* Merci, Här President. Och vu menger Säit e grousse Merci un de Guy Arendt fir säi mëndleche Rapport an enger komplexer Matière. Ech mengen, et ass scho gewosst, deen Dossier hei ass liéiert mat der Direktiv Résolution bancaire. Et ass ee vun de Bausteng vun der Union bancaire.

Dee Fong, wou mer jo u sech deen Accord intergouvernemental haut a Gesetz géissen, wou déi Contributiounen dann un deen européesche Fong sollen iwwergoen, fänkt jo elo un ze fonctionnéieren. An, ech mengen, déi Haaptdifficultéit huet näischt mam Fong ze dinn. Dat huet éischter ze di mat deem Mécanisme de résolution unique, wat jo ee vun de Pilieren ass vun der Résolution bancaire, dee jo haaptsächlech d'Banke vun der Eurozon betrëfft, gradesou wéi déi aner Pilieren, de Mécanisme de surveillance unique an d'Garantie des dépôts, wou de Minister jo éinescht driwwer geschwat huet. D'Komplexitéit ass, fir ze kucken, wéi dat sech duerno organiséiert, och wéi dat zesummegräift mat der Direktiv „résolution bancaire". Well mir hu jo d'Situatioun, dass mer u sech engersäits jo dat „Single Rulebook" hunn, wou u sech déi Résolution bancaire do soll oflafe fir d'ganz Européesch Unioun, an dann niewendrun hu mer d'Reglement iwwert de Mécanisme de résolution unique.

Bon, dat gëtt effektiv..., wéi dat an der Praxis ofleeft, dat weess nach keen esou richteg. Dat gëtt komplex. Dat seet och eng CSSF engem, wann ee mat hinne schwätzt: Dat ass alles nach e bëssen esou en „work in progress". Bon! Den Henri Kox huet gëschter eng Partie Diagramme gewisen. Ech hu just een dobäi. Ech hunn deen nawell amüsant fonnt an ech wollt der Chamber dee weisen. E kënnt och vun engem Grengen, vum Sven Giegold, deem grengen Europadeputéierten, an e weist u sech, wéi deen SRM do géif fonctionnéieren. Ech weisen lech just d'Bild hei, „SRM Over the weekend?", an d'Fro ass: „Seriously?"

Dat heescht, e stellt sech d'Fro, ob dat alles esou realistesch ass, wann dat soll effektiv applizéiert ginn. Ech mengen, ech dinn lech elo net un, dat heiten ze explizéieren. Mä op alle Fall, et sinn eng Multitude vun Organer a vu Conseilen, déi doranner implizéiert sinn, an dat Ganzt superposéiert sech dann effektiv nach mat der Direktiv „résolution bancaire". Bon, dat gëtt spannend ze kucken, wéi dat an der Praxis fonctionnéiert.

Dat gesot, géif ech natierlech och den Accord gi vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci dem Här Fayot. Dann huet de Roy Reding d'Wuert.

M. Roy Reding *(ADR).-* Merci, Här President. Mir stëmme géint dëse Projet aus deeneselwechten Ursaache wéi déi, déi och den honorabele Kolleeg Laurent Mosar scho genannt huet. De Fonds de résolution, dee mer virdru geschaaft hunn, national, transferéiert déi Contributiounen un dee Fonds de résolution unique, an do komme se an ee Compartiment national, sinn awer dédiéiert, fir progressivement mutualiséiert ze ginn. A mir kënnen ëmsou manner domadder d'accord sinn, wéi eis Contributiounen dann déi vun anere Länner géif bäi Wäitem iwwerschreiden.

Ech soen lech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci. An domat si mer un Enn vun... Ah, den Här Wagner, jo. Et deet mer leed, ech hat lech net hei stoen, an ech hat lech net derbäigeschriwwen, obwuel dass Der et zwar spéit, ma ëmmerhi gemellt hat. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

M. David Wagner *(déi Lénk).-* Kee Problem. Jo, Här President, aus deeneselwechte Grënn wéi virdru wäerte mir deen heite Gesetzesprojet natierlech och matstëmmen. Mir ginn awer natierlech och ze bedenken, datt am schlëmmste Fall, et héchstwahrscheinlech net géif duergoen. Wann een alles zesummerechent vun den européesche Banken, mengen ech, kënnt een op e Fënnefhonnertfacht eraus. Dat heescht, deemno wéi wäert et erëm eng Kéier schnell knallen.

Bon, während der Finanzkris ganz am Ufank, 2007/2008, an '09 an esou weider, do war en Aufschrei uerchtert d'Welt. Do huet souguer den eemolege franséische President vun enger Moraliséierung vum Kapitalismus geschwat, wou vill Leit driwwer gelaacht hunn, op jidde Fall net nëmme Lénker, mä, ech mengen, och Leit, déi de Wirtschaftsliberalismus richteg verstinn an den Hayek gelies hunn oder de Mises, déi wëssen, datt dat näischt mat Moral ze dinn huet. Kleng Klammer zou.

Mä déi richteg Schlussfolgerunge sinn trotzdeem nach ëmmer net geholl ginn. Et ass nach ëmmer d'Fro gewiescht vun der Trennung vun Investitiouns- a Kredittgeschäfter, d'Fro vun der Titrisatioun ass nach ëmmer net geléist ginn. An da stellt sech nach ëmmer de Problem, an dat geet e bëssen op dat an, wat den Här Fayot virdru gesot huet, mat der Grafik vum Här Giegold, datt mer nach ëmmer esou en Enchevêtrement hunn engersäits, an anersäits nach ëmmer Banken och hunn, déi, wéi een et esou schéin nennt, „too big to fail" sinn. Dat ass nach ëmmer e gréissere Problem an eng gréisser Gefor.

Bon, et ass schwéier, géint dat heiten elo ze sinn, well et ëmmerhin e Schratt ass. An dat verhënnert vläicht och... Well ech verstinn net, wann een dergéint ass, da wëllt ee jo u sech soen, datt een éischter der Meenung ass, datt de Steierzueler am Fall vum Fall misst dofir opkommen, wéi dat souwisou och schonn d'lescht Kéier de Fall war. An dat schéngt jo och d'ADR ze wëllen, wann ech dat esou richteg verstinn. Dofir, aus deene Grënn wäerte mir derfir stëmmen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci dem Här Wagner. An d'Wuert huet direkt de Finanzminister.

Prise de position du Gouvernement

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.-* Jo, Här President, wann Der erlaabt, géif ech dat vun hei maachen. Ech mengen, d'Debatt war e bësse kuerz, mä ech géif gären hei ënnersträichen, wat vläicht e bësse verluer gaangen ass an der Diskussioun wéinst de Retarden, de Prozeduren. An dat, wat ech elo hei soen, ass haaptsächlech, Saachen an de Kontext ze setzen.

Fir Lëtzebuerg ass de Fait, dass et muer e Fonds de résolution unique gëtt op européesche Niveau, deen an aacht Joer opgestockt gëtt, eng super Noriicht. Eng super Noriicht! Mir kucken natierlech de Käschtepunkt, an ech hu jo gesot, dass mer eis géifen treffen a mer géifen doriwwer schwätzen. Dat setzt dat net a Fro. Mä mir sollen eis doriwwer freeën, dass et eng européesch Léisung gëtt! Firwat?

Majo, mir kréien en européesche Präbbeli fir Problemer, déi sech stellen. A mir hu jo an der Finanzkris 2008 gesinn, dass mir grad eent vun deene Länner gewiescht sinn, déi am meeschte Risque haten, obwuel mer eis däers guer net bewosst waren, well d'Maison-mërë Risquen haten, déi da bei eis Filialen haten oder Succursallen, déi vun haut, déi zwar selwer gesond waren - selwer gesond waren! - an trotzdeem an den Tourbillon komm sinn a riskéiert hunn ze verschwannen.

A wann de Stat net intervenéiert wier, à juste titre ganz schnell, well en och d'Suen hat oder mobiliséiert krut, da wären déi Banken haut net méi do! Mä dat, wat deemools gemaach ginn ass, kéint een haut net méi widderhuelen. Ech mengen, mir mussen eis bewosst sinn, dee Präbbeli, deen hëlleft eis, eis Finanzplaz ze stabiliséieren.

De Käschtepunkt ass richteg ënnerstrach ginn. Dat gëtt e Käschtepunkt vun ongeféier 1,2 Milliarden Euro fir eis Banken. Et ass relativ héich. An dat ass och domat verbonnen, dass dat, wat bei den Dépôte gefrot ass, relativ bëlleg ass. Well mir hu relativ wéineg Dépôte vu Privatclienten, vu klenge Clienten, vu klengen Déposanten, par rapport zu institutionellen. Mir hu ganz vill Dépôts institutionnels zu Lëtzebuerg an dat bréngt mat sech, dass mer hei méi en héijen..., dass mer en fait eng ganz international Finanzplaz sinn, a well se international ass a vill Suen hei sinn, bezuele mer méi an de Fonds de résolution.

Dat akzeptéieren d'Banken och. Si gesinn dat och an, dass dat net anescht geet.

Mir waren hei ganz rapid, wéinstens bei enger Saach, Här Mosar. Dat ass, dass mer konnten déi Ligne de crédit draschreiwen. Ech mengen, déi huet nach kee Land a sengem Gesetz. Ech weess awer och net, ob an all Land esou eng Ligne de crédit eng Approbatioun vun der Chamber brauch. Mä do hu mer profitéiert, well mer e bësse spéit u waren, dass mer dat an d'Gesetz geschriwwen hunn. Déi Ligne de crédit ass awer nëmmen en „last resort", well et ass en fait, déi Ligne de crédit vun enger Milliard a 85 Milliounen Euro ass en fait a Contradictioun mat der ganzer Iddi, dass ee wëllt de Risque souverain separéiere vum Risque bancaire.

An hei vläicht just eng lescht Remarque fir déi, déi den Dossier méi suivéieren: All Land géif gären évitéieren, déi Ligne de crédit hei ze maachen, well si mécht jo kee Sënn méi. Mir missten eng européesch Garantie derhannert hunn, an den ESM wär esou eng, den European Stability Mechanism, deen hei um Kierchbierg jo och säi Sëtz huet. A grad dat Land, wat gären am meeschten hätt, dass dat heite soll européesch gestalt ginn, refuséiert; dat ass dat gréisste Land aus der EU, an dofir hu mer missen déi Ligne de crédit elo hei in extremis am Dezember stëmmen. Am November hu mer den Accord politique drop gehat. Ech si frou, dass mer dat konnten integréieren.

Ech géif gären, well et haut e laangen Dag war, menger ganzer Équipe, déi vill gelidden huet mat all deene Projeten a mat mir gelidden huet, Merci soen,...

(Interruption)

...well si hunn eng kolossal Aarbecht misse maachen,...

(Interruption)

...trotzdeem, dass mer jo d'Présidence haten. Ech hunn dat ni als Excuse gebraucht, mä mir haten trotzdeem d'Présidence.

An da géif ech gären ophalen, andeem ech dem Guy Arendt fir dëse Rapport, awer och fir dee viregte villmools Merci soen, him gäre gratuléieren, dass en elo Regierungskolleeg gëtt.

Et war e Genoss, mat Dir hei ze schaffen. Du waars deen, mengen ech, deen déi meeschte Rapporte gemaach huet. An et war ëmmer flott, mat Dir zesummenzeschaffen. An Du kenns eppes vu Finanzen, Du kenns eppes vu Suen! A wann een dat alles kann, da kann ee sech och ëm d'Kultur bekëmmeren. Bonne Chance!

Plusieurs voix.- Très bien!

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Bon, wann dat esou ass, da wäert Der mer och verzeien,...

(Hilarité)

...dass ech eise Leit, déi an deene leschte puer Deeg eng formidabel Aarbecht gemaach hunn a vill gelidden hunn, a mir hu matgelidden,...

(Interruptions)

...dass ech deene Merci soen, vu dass mer bei de gudde Wënsch sinn an de Finanzminister dat jo och esou kloer gesot huet, dass dat net méi virkënnt!

(Hilarité)

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Voilà, dat gesot, kënne mer zum Vott iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6899 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

(Interruptions diverses)

Ma da géif ech de Vott awer direkt widderhuelen.

(Hilarité et interruption)

Neen.

Fin du vote.

(Interruptions diverses)

Jo. Also, wësst Der, wat dat Flottst ass? Ech hunn hei en absolutt korrekt Resultat: Oui 34, Nee 26. Dat gëtt 60. An do gesäit een...

(Interruptions diverses)

Ah, okay! Voilà!

Gutt. Et ass alles kloer. An et léiert een iwwert dem Falen. Merci villmools!

Domat ass de Projet 6899 ugeholl.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par Mme Octavie Modert), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

An ech géif lech nach froen, ob Der bereet sidd, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Dat ass de Fall. Dann ass dat esou décidéiert.

A mer géifen zum nächste Punkt iwwergoen. Do komme mer vun de Finanzen an aner Gebidder, déi awer net manner wichteg sinn. De Projet de loi 6775 iwwert d'Opnam an d'Opnamprozeduren, d'Hëllefen an esou weider fir d'Demandeure vun internationaler an temporärer Protektioun. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

5. 6775 - Projet de loi relative à l'accueil des demandeurs de protection internationale et de protection temporaire, et modifiant la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat

Rapport de la Commission de la Famille et de l'Intégration

M. Gilles Baum *(DP), rapporteur.-* Merci, Här President. Wéi de President et scho gesot huet, de Gesetzesprojet 6775 këmmert sech ëm den Accueil vun den Demandeurs de protection internationale an den Demandeurs de protection temporaire.

Dat Gesetz ass am Kader ze gesi vum Paquet Asile an et ass och ze gesinn zesumme mat deem Gesetz, wat mer d'lescht Woch gestëmmt hunn, wou de Kolleeg Marc Angel Rapporteur war, de 6779, deen d'Prozedure festleet. An déi zwee Gesetzer wäerten och gläichzäiteg a Kraaft trieden.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Däerf ech lech eng Sekonn ënnerbriechen, Här Baum? Ech wär ganz frou - mir sinn disziplinéiert gewiescht -, wa mer och elo dem Rapporteur bei deem wichtege Projet géifen nolauschteren. Merci villmools!

Une voix.- Très bien!

M. Gilles Baum *(DP), rapporteur.-* Et handelt sech hei ëm eng Transposition vun der Direktiv 2013/33 vum 26. Juni 2013 établissant des normes pour l'accueil des personnes demandant la protection internationale. Den Dépôt vum Gesetz ass gemaach ginn de 6. Februar 2015, an enger Réunion jointe mat der Commission des Affaires étrangères sinn déi zwee Gesetzer, de 6775 an de 6779, zesumme virgestallt ginn. Den 28. September koumen eng ganz Rei Amendementer vun der Regierung. An den 2. Oktober war nach eng Kéier eng Réunion jointe mat der Commission des Affaires étrangères, wou mer d'Leit vum Collectif Réfugiés, dat heescht vum Lëtzebuerger Flüchtlingsrot, empfaangen hunn.

Den Avis vum Statsrot koum den 20. Oktober an d'Amendementer vun der Kommissioun sinn den 1. Dezember beim Statsrot déposéiert ginn. Den 8. Dezember koum en Avis complémentaire vum Statsrot an den 10. Dezember ass de Rapport an der Kommissioun ugeholl ginn.

D'Avise koumen, wéi gesot, vum Lëtzebuerger Flüchtlingsrot, dee sech zefridde gewisen huet, dass eng Rei vu sengen Iddie mat an d'Amendementer agefloss sinn. Et koum och en Avis vum Haut-Commissariat des Nations Unies pour les Réfugiés a vun der Commission consultative des droits de l'Homme. Déi zwee Avise sinn de 24. November ukomm.

D'Gesetz iwwerhëlt och eng Partie vun den Dispositiounen aus dem Reglement vum 8. Juni 2012, dat d'Konditiounen an d'Modalitéite fir Sozialhëllef fir Demandeurs de protection internationale ze kréien hëlt.

E bësse Statistik, denken ech, dierf an dësem ganz wichtegen Dossier net feelen.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Bis 1997 hate mer hei zu Lëtzebuerg kaum Leit, déi Protection internationale ugefrot hunn. Duerch de Balkankrich an de Joren '98, wou 1.700 Leit Protection internationale hei ugefrot hunn, an iwwer 3.000 Leit am Joer '99, sinn natierlech eng ganz Rei Leit aus de Krichsgebidder aus Exjugoslawien fortgelaf, fir bei eis ze kommen. Duerno sinn déi Zuelen erëm drastesch erofgaangen, fir sech an de Joren 2003, 2004 bei enge 1.500 ze stabiliséieren. An no 2005 sinn déi Zuelen däitlech ënnert de Seuil vun 1.000 pro Joer gefall.

An de Joren 2011, 2012 sinn déi Zuelen erëm eropgeklomme vu Leit, déi Protection internationale gefrot hunn, op ronn 2.000. 2013 hate mer ronn 1.000 Leit, 2014 och ronn 1.000 Leit, déi bei eis komm sinn.

Duerch de Krich oder d'Kricher, déi am Noen Osten an am Mëttleren Oste sinn, an duerch déi Tragédien, déi sech ofspillen all Dag a Syrien, am Irak, an Afghanistan, hutt Der natierlech alleguerten de Flüchtlingsstroum, dee sech a Richtung Westeuropa a Bewegung gesat huet, matkritt. A Lëtzebuerg hëlt och hei säin Deel vu Verantwortung. Bis den 1. Dezember waren dëst Joer ganz genau 2.018 Leit zu Lëtzebuerg, déi d'Protection internationale ugefrot hunn. An et kann ee soen, dass an der Moyenne ronn 25 Leit pro Dag zu Lëtzebuerg ukommen.

Dat éischt Kapitel vum virleiende Gesetz behandelt d'Objektiver, de Champ d'application an eng ganz Rei vun Definitiounen. Definéiert gëtt zum Beispill, wat en „demandeur de protection internationale" ass, wat „membres de la famille" ass, wat en „mineur" ass. Et mécht den Ënnerscheed tëschent den „conditions d'accueil" an den „conditions matérielles d'accueil". Et erkläert d'„structure d'hébergement". Et erkläert, wat en „représentant" ass, wat en „demandeur ayant des besoins particuliers en matière d'accueil" ass an och d'„protection temporaire".

Am zweete Kapitel geet et ëm d'„dispositions dispositions générales relatives aux conditions d'accueil". Innerhalb vu 15 Deeg nom Dépôt vun hirer Demande ginn d'Demandeurs de protection internationale iwwer hir Obligatiounen an awer och hir Rechter betreffend den Accueil informéiert. Och, wéi eng Organisatioun derfir zoustänneg ass, gëtt hinnen hei matgedeelt, natierlech och, wat déi medezinnesch Betreiung ugeet. Innerhalb vu sechs Woche muss den Demandeur de protection internationale sech engem medezinneschen Examen ënnerzéien. An do kënnen och Zeeche vu Verfolgung respektiv vu Folter vun engem Dokter festgestallt ginn.

Déi schoulesch Flicht fir Mineuren ass natierlech an dësem Gesetz och festgehalen. Do geet et ëm Virbereedungscoursen, ënner anerem Sproochecoursen, déi et de Mineure sollen erlaben, sech esou schnell wéi méiglech an eis Schoulen ze integréieren. Dat gëllt awer och fir Kanner, déi schonn am Secondairesschoulalter sinn.

Eng ganz wichteg Neierung ass den Artikel 6: Sechs Méint nom Dépôt vu senger Demande kritt en Demandeur de protection internationale d'Recht, fir sech um Aarbechtsmaart eng Aarbecht ze sichen. E kann also eng Autorisation temporaire d'occupation ufroen. An deen Délai geet an dësem Gesetz erof vun néng Méint op sechs Méint.

D'Autorisation temporaire d'occupation geet mam Refus vun der Protection internationale op en Enn. Et gëtt awer zwou Exceptiounen: beim Recours suspensif géint d'Décisioun vum Refus a bei der Verlängerung vum Délai, fir d'Land ze verloossen.

Den Demandeur de protection internationale kënnt duerch seng ATO an déiselwecht Konditioune wéi Leit, déi aus Drëttstaten bei eis kommen.

An dësem Gesetz ass och festgehalen, dass souwuel Erwuessener wéi Mineuren Usproch hunn, fir Zougang ze kréien zu der Formation professionnelle.

Den Artikel 8 garantéiert d'Conditions matérielles d'accueil. Mir mussen en „niveau de vie" gewäerleeschten, deen „adéquat" ass. An ech zitéieren hei aus dem Text: «qui garantit la subsistance et protège la santé physique et mentale du demandeur de protection internationale». An déi Konditioune gi festgeluecht duerch eng ganz Rei Kritären: Dat ass de Ménage, dat ass den Alter vun deene Leit, déi am Ménage wunnen, awer och déi finanziell Ressourcen an d'Besoins particuliers.

E groussen Artikel beschäftegt sech mat deem, wat d'Structures d'hébergement publiques oder privées sinn. An doranner gëtt festgehalen, dass den Demandeur de protection internationale e Recht huet op säi Familljeliewen an e Recht huet op säi Privatliewen. En huet d'Recht, Kontakt mat senger Famill opzehuelen, wann déi net bei em ass. Et geet awer och ëm d'Preventioun vu Gewalt. A wat a mengen Aen och e wichtege Punkt ass, dat ass, dass déi Leit, déi op Lëtzebuerg kommen, sollen an der deeglecher Gestioun vun hirer Struktur, an där se ënnerbruecht sinn, eng Hand mat upaken.

Festgehale ginn natierlech och d'Allocatiounen, déi déi Leit zegutt hunn. An ech wëll eng Kéier ganz kloer hei soen, ëm wat fir e Montant dass et hei geet: En Demandeur de protection internationale, en Erwuessenen, huet Urecht op 26 Euro pro Mount. An e Kand huet Urecht op ronn 13 Euro pro Mount.

E wichtegt Kapitel an deem neie Gesetz këmmert sech awer ëm dat, wat „personnes vulnérables" sinn. Et geet ëm Mineuren. Et geet ëm „mineurs non accompagnés". Et geet ëm eeler Leit. Et geet ëm Leit mat engem Handicap. Et geet ëm Fraen, déi e Puppelchen erwaarden. Et geet awer och ëm Leit, déi Affer si gi vu Mënschenhandel, Affer vu psychescher, sexueller Gewalt oder Leit mat schwéiere Krankheeten.

Am Kapitel 4 sinn och d'Missioune vum OLAI definéiert, an zwar besonnesch déi „soins médicaux" an och déi psychologesch Betreiung, déi déi Leit zegutt hunn, déi ech Iech elo grad opgezielt hunn.

E wichtege Punkt an dësem Gesetz ass awer och den „intérêt supérieur de l'enfant", deen den OLAI soll gewäerleeschten, niewent engem Niveau de vie, deen adequat ass. Et muss derfir gesuergt sinn, dass e Kand seng Perséinlechkeet ka souwuel psychologesch, mental, sozial wéi och moralesch, dass d'Kand ka seng Perséinlechkeet entfalen.

An den Intérêt supérieur de l'enfant fält och de „regroupement familial", d'Wuelsinn an den Développement vum Kand, dem Kand seng Sécherheet an och, dass et kann, wann d'Méiglechkeet besteet, bei sengen Eltere wunnen.

Fir de „mineur non accompagné" ass et esou, dass en esou séier wéi et geet e Représentant légal kritt, dee vum Juge des tutelles bestëmmt gëtt an deen och fir dem Kand seng Rechter, awer och dem Kand seng Flichten asteet. An et soll och esou séier wéi et geet gewäerleescht ginn, an dat mat Hëllef vun internationalen Organisatiounen, dass e Kand seng Elteren däerf sichen, wann déi net bei em sinn, wann déi an engem anere Land sinn oder vläicht an enger anerer Opnamstruktur am Ausland.

D'Kapitel 5 behandelt d'Limitatioun oder och de Retrait vun de Conditions matérielles d'accueil. Dat ka sinn, wann ee seng finanziell Moyenen, déi en huet, verheemlecht huet. Dat ka sinn, wann ee gewalttäteg war vis-à-vis vu Leit, déi an de Strukture schaffen, respektiv vis-à-vis vun anere Refugiéen. Et kann awer och sinn, wann een d'Struktur verléisst, ouni Bescheed ze soen, an awer natierlech och, wann een net un deenen obligate Rendez-vousen, déi virgesi sinn, deelhëlt.

Awer a kengem Fall, a kengem Fall kënnen alleguerten d'Conditions matérielles gestrach ginn!

Den Accès zu de medezinnesche Soinen, de Soins de base, muss gewäerleescht ginn, genausou wéi en „niveau de vie digne et adéquat du demandeur". Déi bleiwen ënner allen Ëmstänn garantéiert.

Ee Wuert nach just zur Opstockung vum Personal beim OLAI. Et ass virgesinn, fir zwee weider Éducateur-graduéen anzestellen, zwee Éducateuren, zwee Assistants sociaux, dräi Employés à la carrière D a véier Aarbechter mat engem CATP.

Da soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren. An de Max Hahn wäert nach fir meng Fraktioun Positioun dozou huelen.

Merci!

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Rapporteur Gilles Baum. Als éischt ageschriwwe Riednerin hunn ech d'Madamm Martine Mergen. Madamm Mergen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Martine Mergen *(CSV).*- Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, dëst Gesetz ass, wéi de Rapporteur scho sot, deem ech wëll Merci soe fir säin ausféierleche schréftlechen a mëndleche Rapport, deen ons dovunner entbënnt, fir nach eng Kéier am Detail op déi verschidde Problemer anzegoen, dëst Gesetz ass also d'Zwillingsgesetz vum Immigratiounsgesetz, wat mer d'lescht Woch hei diskutéiert hunn. Et ass, wéi de Rapporteur och sot, d'Ëmsetzung vun der Direktiv 2013/33 vum Europaparlament a vum Conseil, déi europawäit eenheetlech Regelen aféiert, wéi d'Länner mat deene Leit sollen ëmgoen, déi internationale Schutz froen.

Dës Direktiv vun 2013 huet säit där sougenannter Flüchtlingskris am leschte Summer eng grouss Bedeitung kritt. D'Flüchtlingen an Europa sinn en europäesche Problem, an dëser Kris kann och nëmmen op engem gesamteuropäesche Plang begéint ginn. Europa ass da staark, wann et et fäerdegbréngt, all déi Leit, déi de grausame Krich a Syrien verjot huet, fir nëmmen déi ze nennen, op eng würdeg Aart a Weis opzehuelen. Dofir missten endlech all europäesch Länner sech solidaresch weisen, amplaz géint Flüchtlingsquoten ze kloen. Wann ech richteg informéiert sinn, ass d'nächst Woch eng Sëtzung zu Wien aberuff vun den „Willigen". Dat sinn déi, déi ëmmer nach Flüchtlingen ophuelen.

Europa geet net ënner duerch d'Flüchtlingsstréim, wa se gerecht verdeelt ginn an d'Flüchtlingen an alle Länner déiselwecht Konditioune kréien. Europa ass virun allem nëmme gemeinsam mat aneren Natiounen an der Lag, fir un der Ursaach vun der Krichssituatioun den Hiewel unzesetzen, a Syrien an op all deenen anere Plazen, wou et flaamt.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, ech hu virun zwee Deeg dee Reportage op der Televisioun esou flott fonnt, wou se gewisen hunn, dass syresch Flüchtlingen hei bei ons op der Place Clairefontaine eng Manifestatioun gemaach hu géint den Terrorismus, dee si um eegene Leif erfuer hunn an hirem Land. Si hu virun allem hir Solidaritéit mat den Affer vun den Uschléi vu Paräis gewisen a sech kloer distanzéiert vun all Zort vun Terror. Si sinn déi eigentlech Affer. Stellt Iech vir, et muss ee säin Haus, seng Stad, seng Famillje verloossen, säin erspuertent Geld enger krimineller Schlepperorganisatioun an d'Strass stiechen, fir da mat vill Chance an onendleche Strapazen op engem héich riskante Wee an engem onbekannte Land unzekommen!

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, de Marc Spautz hat d'lescht Woch scho vum Sechspunkteprogramm vun der CSV geschwat, dee si am Summer entwéckelt huet, fir dass et net hei am Land zu engem Blocage kënnt, ma zu enger Beschleunegung vun de Prozeduren an zu méi schnellen Décisioune bei Ufroe fir internationale Schutz. Dëse Sechspunkteprogramm huet mat dem Ausmooss vun dem Flüchtlingsstroum an de leschte Méint ganz sécher eng méi grouss Bedeitung kritt. Verschidde vun dëse Moossnamen, déi mir gefuerdert hunn, fanne mer an dësem Gesetz erëm, ma onser Meenung no ass et net perfekt.

Mir maachen ons virun allem Gedanken ëm d'Kompetenzverdeelung tëschent deene ville Ministèren, déi an deem aktuelle Conseil vertruede sinn. Et sinn der op d'mannst sechs, déi méi no domat, mat deem Problem ze dinn hunn. Et sinn der awer insgesamt, ech hunn nogezielt, 14 an deem Conseil. Mir fäerten, dass vill Energie an Zäit verluer ginn an dëser gemeinsamer Tâche. Dofir widderhuelen ech och ons Fuerderung no enger effikasser Commission interministérielle, déi d'Fiedem all kann zesummeféieren, déi net nëmme kompetent ass, mä déi och d'Autoritéit huet, fir eng konzertéiert Aktioun ze maachen, zum Beispill mat engem Ministre délégué.

Mir fuerderen och, an dat scho säit Joren, dass d'Prozedure beschleunegt ginn, fir net nëmmen d'Leit, déi um Terrain schaffen, mä och d'Strukturen ze entlaaschten, vun deene mer wëssen, dass se och net esou vëlleg sinn. Wéi mer de Rapport quinquennal vum OLAI diskutéiert hunn de leschten Dezember ass och erëm kloer ginn, dass dës Administratioun vill Tâchen erfëllt, fir déi si eigentlech net d'Missioun huet an déi net an hirem Kompetenzberäich leien, well einfach keen aneren do ass, zum Beispill bei der Hëllef fir d'Demandeurs de protection internationale.

Eng ganz Rei Wunnengen an Zëmmeren a Foyere si besat, well immigréiert Aarbechter op onsem Wunnengsmaart näischt fannen, wat se sech leeschte kënnen. Och Persounen, déi hire Statut kruten, bleiwen aus äänlechen Ursaachen an de Strukture sëtzen. Dëse Moment awer, wou en amont ëmmer méi Leit an onst Land kommen, misst derfir gesuergt ginn, dass hinnen och en aval de Wunnengsraum zur Verfügung steet.

Une voix.- Jo, wéi een?

Mme Martine Mergen *(CSV).*- Hei sinn d'Gemenge gefuerdert an de Wunnengsbauministère, dass och sozial schwaach Leit, déi scho Joren oder säit ëmmer hei am Land wunnen, déi immigréiert Aarbechter, déi fir de Mindestloun schaffen, an d'Refugiéen, déi de Statut kruten an déi de Moment an de Strukture vum Ministère bleiwe mussen, da kéinten eng Wunneng fannen.

Iwwerhaapt ass den Asaz, deen d'Leit vum OLAI um Terrain hunn, bewonnerenswäert. Si hunn och net op den neie Gesetzestext gewaart, fir eng ganz Rei vu Projeten an Iddien ëmzesetze fir eng besser Integratioun vun den DPIen. Esou nozeliesen an deem Rapport quinquennal an am Rapport, dee sech nëmmen op 2014 bezitt. Ech mengen, dofir si mir hinnen all e Merci schëlleg, gradesou wéi all deene ville Fräiwëllegen, déi momentan eng Hand mat upaken.

Elo awer zréck zum Gesetz. Et ass de 6. Februar vun der Famillejeministesch deponéiert ginn a kuerz an enger Jointe mat der aussepolitescher Kommissioun zesumme mat dem Projet vun der leschter Woch den 20. Mäerz presentéiert ginn. Dat Nächst, wat mer vum Gesetz héieren hunn, war bei enger Unhéierung an der Famillejekommissioun vum Lëtzebuerger Flüchtlingsrot. Dat war den 2. Oktober. De Flüchtlingsrot hat den 29. Mee schonn en Avis ofginn. Hien hat sech selwer saiséiert!

An der Zwëschenzäit waren eng aner Rei Avisen eragaangen. Den 10. Juli ass en 30-säitegen Avis vum Haut-Commissariat fir d'Refugiéé vun der UN erakomm, deen ëmmerhin 43 Recommandatiounen enthält, fir den Text ze änneren, ouni déi 14 Recommandatiounen zur Mise en œuvre vun deem Gesetz. D'Lëtzebuerger Mënscherechtskommissioun hat sech dann och autosaiséiert. Hiren Avis ass vum 24. November.

Entre-temps - Dir gesitt, et ass e bëssen Duerjenaner -, den 28. September huet d'Regierung eng Rëtsch vun Amendementer nogeschoss, ouni dass ons Kommissioun zesummekoum, ouni dass iwwert d'Avisen diskutéiert gouf. Den Avis vum 20. November (veuillez lire: 20. Oktober) vum Conseil d'État ass dann och net um initiale Projet, ma um amendéierte Projet geholl ginn. Trotz den Amendementer enthoul en nach fënnef Opposition-formellen an eng Rëtsch Recommandatiounen.

Tëschent dem 20.3. an dem 2.10. hu mer an der Famillejekommissioun net iwwert d'Gesetz geschwat. An eréischt de 25. November krute mer déi amendéiert Texter zesumme mam Avis vum Statsrot ze diskutéieren. Dunn huet et op eemol missen - an dat erënnert mech awer un eng Rei aner Diskussiounen, déi mer haut heibannen haten -, dunn huet et op eemol misse ganz séier goen! Dat schéngt déi blo-routgréng Aart a Weis ze sinn, wéi d'parlamentaresch Aarbecht gemaach gëtt! Mir haten dräi Sëtzungen a sechs Deeg, fir dëse wichtege Projet duerchzebaatschen. Mir haten emol keng Zäit, fir de Bic falen ze loossen!

An dëse Sëtzungen ass awer just iwwert den Avis vum Statsrot geschwat ginn. Déi aner véier Avise si guer net zur Diskussioun komm. Et gouf ons esou niewebäi op Ufro matgedeelt, dass eng Entrevue mam UNHCR stattfonnt hätt, an zwar am Oktober, deen esou wäit d'accord wier mat deenen Amendementer. Derbäi koum awer de 24. November nach en zweeten Text mat Commentairë vun dëser Organisatioun. Den zweeten Avis vum Statsrot schliisslech ass zesumme mam Projet de rapport an enger Sëtzung vun enger hallwer Stonn ugeholl ginn.

Wéi gesot, all déi aner Texter sinn net diskutéiert ginn an der Kommissioun, well d'Zäit net do war! Och eng Diskussioun iwwer Amendementer, déi mir da vläicht hätte kënnen als Kommissioun abréngen, huet net stattfonnt. Dat, Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, ass an onsen Ae keng strukturéiert parlamentaresch Aarbecht, wéi se vun ons hei soll geleescht ginn. Hei ass net diskutéiert ginn. Et gouf just den Oppositions formelles vum Statsrot Rechnung gedroen, fir dass den Text den zweeten Ulaf am Statsrot géif packen.

De Marc Spautz ass schonn drop agaangen, dass keen Avis vun de Beruffschambere virläit, déi jo awer och betraff sinn, sief et bei de Formatiounen, sief et bei der Equivalenz vun Diplomer, sief et bei der Integratioun um Aarbechtsmaart.

Ech wéilt dann nach zu enger Rei vu Bemierkunge kommen zum Text selwer.

Den Demandeur muss an den éischte sechs Woche vun engem Dokter ënnersicht ginn. Dat ass d'Direktioun vun der Santé am Prinzip an Zesummenaarbecht mat der Ligue, do ginn déi Exame gemaach, och bis elo, déi op ustiechend Krankheeten haaptsächlech. Dëst ass net nëmme wichteg vun engem defensive Point de vue, fir ons virun dëse Krankheeten ze schützen; et ass virun allem och wichteg, dass de Patient ka behandelt a gegebenenfalls geheelt ginn.

Et kann een iwwert dësen Délai vu sechs Wochen diskutéieren, de Risiko, fir awer engem mat enger ustiechender Tuberkulos ze begéinen, deen ass ëmmer ginn. Dat huet näischt mat de Flüchtlingen ze dinn, an en ass och net méi grouss ginn, well déi Prozedur, déi iwwert d'Ligue gemaach gëtt, déi funktionéiert ganz gutt, besonnesch an Hisiicht op déi gefaarten ustiechend Tuberkulos. Den Asaz vum medezinnesche Personal ass héich. D'Leit hunn ouni Problem Accès op Traitement.

All déi aner ustiechend Krankheeten, déi erëmgeeschteren, d'Syphilis zum Beispill, déi ass heelbar an ass grad wéi déi behandelbar, wann och net heelbar Hépatitten an d'HIV-Infektioun nëmmen dann ustiechend, wann ee gewësse Risiken op sech hëlt. An ech hoffen, dass ech lech déi haut net brauch ze beschreiwen. Dat gëllt awer allgemeng fir all Populatioun inklusiv onser an ass kee Problem vun de Refugiéen.

Wat méi problematesch ass, dat ass, dass mer nach wéineg Erfahrung hunn am Ëmgang mat Krichstraumen, siefe se physesch oder psychesch, mat Affer vun Tortur a Viol. Do froe mer ons, ob ons Leit net awer iwwerfuerdert sinn, well dës Zort vu Patienten eng besonnesch Prise en charge brauchen, mat Referenz op de Protokoll vun Istanbul. Esou Blessure fënnt een nëmmen, wann ee se och sicht. Dat hëlt vill Zäit an a vill Rou muss een dofir hunn. Et ass näischt, wou ee kann een nom aneren duerchbaatschen, fir se séier alleguerten hanneru sech ze kréien.

An der Folleg verlaangt d'Gesetz dann och, dass den Direkter vum OLAI responsabel ass, fir déi vulnerabel Persounen ze detektéieren, dass si kënnen adequat Hëllef kréien. Mir hunn héieren, dass d'Personal vum OLAI forméiert ass a weider gëtt an dësem Domän. Mir hunn appréciéiert, dass et opgestockt gëtt a mir hoffen, dass d'Detektioun vun de vulnerabele Persounen esou an der Praxis och kann ëmgesat ginn.

Mir wëssen alleguer, wéi wichteg et ass, dass e Mënsch sech ka verständlech maachen. Mir hunn zur Kenntnis geholl, dass ons gesot gouf, dass d'Personal vum OLAI 21 Sprooche schwätzt. Dat sinn da wahrscheinlech 21 oder 15 verschidde Leit, et ass jo net jiddwereen. Dat wier jo bal net méiglech, et wier fantastesch! Mä et ass awer wesentlech, dass d'Flüchtlinge sech kënnen erklären an hirem Alldag.

Bon, d'Regele vum Zesummeliewe kann een hinnen och schrëftlech ginn an och e Règlement d'ordre intérieur erklären. Mä et gëtt och Krisesituatiounen an de Foyeren a Familljen, soudass ee muss heiansdo op eng urgent Mediatioun zréckgräifen. A mir wëllen hannerfroen, wéi séier bei esou Urgencë ka mat de Persounen an hirer Sprooch geschwat ginn respektiv wéi dat ass mat den Iwwersetzer.

Mir appréciéiere ganz besonnesch deen Akzent, deen an der Direktiv an och am Gesetz op d'Kanner an hire Schutz geluecht gëtt. Mir wëllen an deem Zesummenhang drop opmierksam maachen, dass et an Däitschland zu sexuellen Iwwergrëffer op Kanner an Asylantenheemer komm ass an dass déi däitsch Regierung rezent eng Partnerschaft mat der Unicef ugestrieft huet, dass si hinnen dobäi hëlleft, d'Kanner speziell an hirer Flüchtlingssituatioun ze ënnerstëtzen. Mir wëllen dës Suggestioun hei emol an de Raum setzen.

Eng länger Diskussioun huet an der Kommissioun stattfonnt iwwert d'Autorisation d'occupation temporaire, vun där mir ëmmer nach der Meenung sinn, dass se eigentlech sollt vum Minister, deen d'Aarbecht a senger Kompetenz huet, délivréiert ginn, eleng scho wéinst der Vereinfachung vun de Statistiken op der ADEM.

Am Kader vun de Bestriewungen, fir also d'Demandeurs de protection internationale méi séier op hir eege Féiss ze stellen, begréisse mir, dass dës Autorisatioun schonn no sechs Méint amplaz, esou wéi et ursprünglech virgesi war, no néng Méint ka gi ginn. Aner Länner hunn ons schonn de Wee gewisen, verschiddener erlaben et souguer schonn den DPIen no dräi Méint, ënner verschiddene Konditiounen, eng Aarbecht unzehuelen.

Wou mir awer ons Zweifel hunn, dat ass, ob déi DPIen, déi wierklech eng Aarbecht fannen, net awer - si sinn eng Ausnam -, net awer och eng Ausnam bleiwen. Ech wéilt an dësem Zesummenhang op eng parlamentaresch Fro verweisen, déi de Marc Spautz an ech virun e puer Deeg gestallt hunn, a mir waarde gespaant op eng Antwert.

Schliisslech nach e puer Wuert iwwert d'Aide matérielle, esou wéi am ursprünglechen Artikel 14, spéideren Artikel 13 beschriwwen. An dësem Artikel war virgesinn, dass fir all DPI no sechs Méint en individuelle Plan d'accompagnement virgesi war, dee sollt op seng Besoinen, seng Fäegkeeten an op déi Pläng zougeschnidde sinn, déi hie fir säi weidert Liewen huet. Si sollten him et haaptsächlech erméiglechen, esou fréi wéi méiglech autonom ze ginn.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, déi Iddi, déi hat ons gutt gefall, a mir bedaueren et ëmsou méi, dass de Plan d'accompagnement aus dem Gesetzestext verschwonnen ass, well, esou wéi et gesot gouf, keng Zäit méi war, fir de Projet esou ze développéieren, wéi de Statsrot dat verlaangt hat.

Op där anerer Säit si mer awer zefridden, dass déi no sechs Méint substanziell majoréiert Aide matérielle, esou wéi et ebenfalls am ursprüngleche Projet virgesi war, an zwar nëmme fir déi DPIen, déi an engem Plan d'accompagnement sinn, verschwonnen ass. De Statsrot hat d'Remarque gemaach, dass et bei enger ongläicher Behandlung vu verschiddene Kategorië vun Demandeure kéint zu Spannungen tëschent hinne kommen. D'Fro ass och, ob jiddwereen d'Méiglechkeet gehat hätt, fir an esou e Plan d'accompagnement eranzekommen.

Mir sinn awer och der Meenung, dass et net zur Autonomiséierung vun den DPIe bäidréit, wann hir Allocatioun géif no sechs Méint eropgesat ginn. Au contraire! Den Demandeur géif an onsen Aen esou demotivéiert ginn, seng Zukunft selwer an d'Hand ze huelen. An an anere Länner gëtt dat och net esou gehandhabt.

Souwäit meng Remarquen zum virleienden Text. Et wier nach villes ze soen, mä dat wier Moutarde après dîner. Ech stellen lech elo keng - wéi vill Froe waren et, Här Mosar? - 24 Froen, déi mer net an der Kommissioun diskutéiert haten. Déi Diskussioun hätte mer missen am Virfeld an der Kommissioun féieren.

Ech wéilt also just nach eemol betounen, dass d'CSV-Fraktioun net averstanen ass mat deem Duerjenaner, deen am Virfeld vun dëser Séance haut, wou mer iwwert dat Gesetz ofstëmmen, stattfonnt huet.

Ech wéilt nach eemol bedaueren, dass et net virgesinn ass, dass mer e Schlussstréch zéie fir all déi Demandeuren, déi säit Joren op eng Décisioun zu hirem Antrag waarden an déi an der Loft hänken. Si si weder richteg illegal, nach si se richteg legal. Si sinn op ons Hëllef ëmmer nach ugewisen. Si sinn net amstand, hiert weidert Liewen an onsem Land ze plangen. Mir hätte gär gehat, dass si an enger Kéier matenaner legaliséiert géifen.

Aus dësen Ursaache wäerte mir, grad wéi d'lescht Woch de Projet 6779, dëse Projet och net matdroen. Mir sinn net géint d'Ëmsetze vun der Direktiv, dofir stëmme mer och net dergéint. Mir enthalen ons, well mer mat där Aart a Weis, wéi zu dësem Projet d'Chambersaarbecht organiséiert war, net d'accord sinn. A mir sinn enttäuscht, dass an dësem Kontext net, fir et mat de Wierder vum Kolleeg Spautz ze soen, de Compteur op null gesat gëtt.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci, Madamm Mergen. Als nächste Riedner hunn ech, bon, d'Madamm Bofferding oder den Här Hahn. Madamm Bofferding, da fänkt Dir emol un. Oder?

M. Max Hahn *(DP).*- Soss kommen ech, wann...

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Neen, neen, Ladies first. Madamm Bofferding, et ass un lech.

Mme Taina Bofferding *(LSAP).*- Ech wollt mech awer net virdrängen. Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, dass mer Mënschen, déi an hirem Land verfollegt ginn, Protektioun garantéieren a bei eis ophuelen, ass a bleift d'Grondlag vun eiser humanitärer Traditioun. Et ass de Kär vun eisem Asylsystem. An dëse Kär musse mir schätzen. En ass wäertvoll, net nëmme fir d'Flüchtlingen, mä och fir eis selwer!

Wärend et zurzäit drëm geet, d'Leit séier mat deem Noutwendegsten ze versuergen an hinne séier Asylprozeduren ze erméiglechen, gi gläichzäiteg d'Weiche fir eng laangfristeg Integratioun gestallt, well vill vun deenen, déi hei bei eis kommen, wäerte fir eng laang Zäit, Verschiddener wuel fir souguer ëmmer hei a Lëtzebuerg liewen an hei hiert neit Doheem fannen.

Et soll ee weder den Däiwel un d'Mauer molen nach sech oder deenen aneren eppes virmaachen. Jo, mir kréie vill Défien ze meeschteren a mir mussen eis bewosst sinn, dass dat net alles vum selwe wäert geschéien! Mir mussen eis d'Moyene ginn, net nëmmen de Flüchtlingen, mä och der Populatioun ze hëllefen, fir den Integratiounsprozess ze meeschteren. Gutt Politik fänkt domadder un, andeems een der Realitéit an d'Ae kuckt.

Et ass wichteg a richteg d'Erausfuerderungen an d'Schwieregkeeten ze nennen, déi sech bei der Opnam vun esou ville Mënsche stellen. Dat muss awer ouni Schwaarzmolerei an Iwwerdreiwen a mat engem klore Bekenntnis géint Friemenhaass a Rassismus geschéien! Wat mir brauchen, si passend Äntwerten a Léisungen, fir gemeinsam d'Hürden ze iwwerwannen. Dofir brauche mer séier Asylprozeduren, Garantien, déi en Demandeur an der Prozedur kritt oder d'Aide judiciaire bei den Démarchen. A fir all déi Verbesserungen hat d'lescht Woch eng Majoritéit hei am Haus fir dat neit Gesetz iwwert d'Asylprozedur gestëmmt.

Haut huele mer dann d'Décisioun, fir d'Opnambedéngungen an déi sozial Rechter vun den Asyldemandeuren ze regele fir déi Zäit, wou hir Prozedur leeft. Mir wëssen och, dass dëst Gesetz mat där anerer Direktiv aus dem Paquet Asile nëmmen e klengen Deel vun der Léisung ass. Déi eigentlech Dreifkraaft fir d'Flüchtlingsstréim sinn ënner anerem de Krich a Syrien an déi katastrophal Situatioun a verschiddene Flüchtlingslageren.

Lëtzebuerg huet an deene leschte Wochen a Méint beim Accueil vun den Asyldemandeure gutt Aarbecht geleescht a mir bleiwen och an Zukunft opnambereet. Fir déi Zäit, déi d'Prozedur dauert, musse mer d'Demandeuren esou wäit wéi méiglech an d'Gesellschaftsliewen integréieren. Déi Wochen, Méint oder heiansdo souguer Joren, wou si an der Prozedur sinn, kënne mer se net einfach iergendwou parken a sech selwer iwwerloossen!

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Dat zum engen, well do den Ufank gemaach gëtt, fir duerno d'Flüchtlingen ze integréieren an aus hinne Matbierger ze maachen, Matschüler an Aarbechtskolleegen, zum aneren awer, well et Sënn mécht, fir de Kontakt tëschent den Demandeuren an der Populatioun ze encouragéieren, fir esou eventuell Ängschten ofzebauen.

Den Accueil bestëmmt d'Liewenswierklechkeete vun den Demandeuren, an dee muss sozial a respektvoll ausgeriicht sinn. Den Accès zu wichtegen Informatiounen, sozial a juristesch Berodung, medezinnesch Versuergung, Hébergement, Kleedung, Liewensmëttel, Accès zur Bildung an zum Aarbechtsmarché an d'Méiglechkeet, sech fräi bewegen ze kënnen, dat si fir eis noutwendeg Bedéngungen.

Vu dass déi éischt Phas an der Asylprozedur vun entscheedender Bedeitung ass, ass eng gutt sozial a gesondheetlech Betreiung noutwendeg. Déi obligatoresch medezinnesch Ënnersichung, déi mat dësem Projet de loi virgesinn ass, wäert hëllefen, fir allméiglech gesondheetlech an och psychologesch Problemer bei den Demandeure festzestellen an hinnen dann entspriechend déi néideg Hëllef an Traitementer unzebidden. Den Délai vu sechs Wochen, bannent deem déi Ënnersichung spéitstens soll duerchgefouert ginn, ass an deem Sënn eng maximal Grenz. An der Praxis ass den Délai vill méi kuerz, hunn ech mer soe gelooss.

E weidere wichtege Punkt an dësem Gesetz ass den Hébergement. D'Openthaltsdauer an de Foyere fir Primo-arrivants soll esou kuerz wéi méiglech gehale ginn. Dofir mussen net nëmmen Efforte gemaach ginn, fir déi néideg Capacitéiten am Primo-accueil an am Accueil vun den Demandeuren ze garantéieren, wat jo och vill Gemenge gemaach hunn a weiderhi maachen, et ass och extrem wichteg, dës Strukturen nees fräi ze maachen.

Am Kloertext heescht dat och, dass Wunnengen am Beräich vum soziale Wunnengsbau musse geschafe ginn, Wunnenge fir unerkannt Flüchtlingen a Wunnengen och fir Leit, déi Problemer hunn, um normale Marché e Logement ze kréien. Dat bedeit natierlech e weideren Effort u Solidaritéit vun der Regierung an och vun de Gemengen.

Et war mer wichteg, dat ze betounen, well effektiv en zousätzlechen Drock op deem schonns enke Wunnengsmaart entsteet. Geréngverdénger, Elengerzéiend, Studenten, RMG-Bezéier an ëmmer méi Flüchtlinge siche gënschtege Wunnraum. Den akute Mangel u soziale Wunnengen trëtt däitlech ervir.

De Risk, dass populistesch Stëmmen deem enge säi Misär géint deem anere säi Misär ausspillen, ass reell. Dofir musse mer ganz kloer soen: D'Versuergung vun de Flüchtlinge mécht hei am Land kee méi aarm! Et kritt keen eppes ewechgeholl oder keng Saache gi gestrach, wärend anerer alles kréien oder souguer méi wéi se eigentlech bräichten! Sozialnäid hëlleft net bei der Problemléisung.

Ze begréissen ass an deem Kontext d'Circulaire vum 24. November aus dem Innenministère. D'Gemenge kréien d'Méiglechkeet, Wunnengen unzeloune fir Flüchtlingen a fir Leit a Prekaritéit, woubäi de Stat mat finanziellen an administrativen Aiden aushëlleft. Fir d'Asyldemandeuren, déi a Foyeren ënnerbruecht sinn, mussen engersäits d'Privat- an d'Intimsphär an anerersäits d'Integratioun an d'Communautéit séchergestallt sinn.

Fir de Leit déi eegestänneg Organisatioun vum Alldag ze erméiglechen, sollen d'Hébergementer am beschte Fall a Wunngebidder mat entspriechenden Infrastrukture wéi Schoulen, Maisons-relais, Akafsméiglechkeeten an Doktere leien. Mir brauche Mixitéit, fir en Zesummeliewen ze erméiglechen, a keng gigantesch Foyere wéi am Ausland mat Opname fir 3.000 Persounen, déi sécherlech zu Ghettoe féieren.

Ech hunn et virdru schonns ugeschnidden: Mir kënnen d'Demandeuren net einfach an de Strukture parken a se vum System total ofhängeg maachen. Et dierf net esou sinn, dass op där enger Säit alles bis an den Detail virginn ass an op där anerer Säit keng Ureizer do sinn, fir autonom kënnen ze liewen.

Et ass wichteg, dass mer si hei ophuelen an engem Esprit vu Mënschlechkeet a Solidaritéit, dass mer derfir suergen, dass si weider fäeg bleiwen, selbstänneg ze liewen, fir dass si, egal wéi hir Prozedur herno ausgeet a wou se herno wäerte liewen, do kënne Fouss faassen an hiert Liewe selwer an d'Hand huelen. Et ass och wichteg, dass am OLAI d'Personal opgestockt gëtt, fir de Flüchtlingen zur Säit ze stoen.

Schued fënnt d'sozialistesch Fraktioun, dass aus dem Projet d'accompagnement, esou wéi en uganks geplangt war, näischt gëtt. Ech sinn awer iwwerrascht, dass d'CSV dee Punkt och bedauert, well wann ech mech gutt kann erënneren, war si dach eigentlech vun Ufank u géint dee Projet an huet sech och géint d'Geldleeschtungen ausgeschwat.

Bref, mir verstinn, dass opgrond vun de pertinente Remarquë vum Conseil d'État an dem Timing, dee mer jo elo mussen anhalen, keng Zäit méi war, fir de Projet ausféierlech auszeschaffen. Well een net däerf dem Resultat vun der Prozedur fir d'Unerkennung vum Flüchtlingsstatut virgräifen, ass et och schwéier, Kritäre festzeleeën, wie vun esou engem Projet schlussendlech dierft profitéieren.

Allerdéngs hale mer awer un der Iddi fest, mat esou engem Projet d'Integratioun ze favoriséieren an de Flüchtlingen esou d'Méiglechkeet ze ginn, zum Beispill u Sproochen- oder Civiquescoursen deelzehuelen.

Et soll ee weider dru schaffen, fir - op d'mannst vun engem bestëmmte Moment vun der Prozedur un - eng Offer vu Begleetmesuren oder eng Aart Konventioun mat de Leit kënnen ofzeschléissen. Och wann domadder keng Geldleeschtunge verbonne sinn, kënne mer eis awer ganz gutt virstellen, dass vill vun de Leit wäerte frou sinn, vun esou konkreten Integratiounsprojeten dierfen ze profitéieren.

E Recht, dat nach laang net an all de Länner garantéiert ass, ass den direkten Accès zur Schoul, dee Flüchtlingskanner hunn, wa se bei eis ukommen. Integratioun iwwert d'Kanner bitt d'Méiglechkeet, erwuesse Familljemembere mat an d'Gesellschaft anzeféieren an de Kontakt tëschent der Populatioun an den Demandeuren ze férderen. De Schoulalldag vun de Kanner dréit dozou bäi, de Familljenalldag ze strukturéieren, a méiglechst gutt Bildungsméiglechkeete fir déi Jonk signaliséieren den Elteren, an der Gesellschaft opgeholl ze sinn. An och wësse mer, dass dat net alles esou einfach ass. Vill Flüchtlingskanner si Säitenasteiger an de Bildungssystem a brauche spezifesch an individuell Hëllefstellungen.

Niewent der Sprooch an der Formatioun ass d'Aarbecht eng weider zentral Komponent vu gesellschaftlecher Integratioun. D'sozialistesch Fraktioun begréisst e méi séieren Zougang zum Aarbechtsmaart mam Recht, schonns ab sechs amplaz wéi bis elo ab néng Méint dierfe schaffen ze goen. Et geet awer net duer, e Recht ze ginn, et mussen och d'Viraussetzunge geschafe ginn, fir vun dësem Recht Gebrauch kënnen ze maachen.

Et kléngt gutt, wann et heescht, d'Flüchtlingen dierften elo méi séier schaffe goen. Mir dierfen eis awer mat esou enger Ausso net zefriddeginn: Grad emol 20, wann ech dat richteg an

Erënnerung hunn, 20 Leit hunn d'lescht Joer mat enger sougenannter „AOT", enger Autorisation d'occupation temporaire, eng Beschäftegung fonnt! Dat sinn der net ganz vill. Mir brauche Patronen, déi adequat informéiert sinn an déi dann och bereet sinn, Asyldemandeuren anzestellen, wat fir si natierlech net ganz evident ass, well si als Éischt bei der ADEM musse signaliséieren, dass si soss kee fir den Job, also soss keng passend Persoun fir deen Job um Aarbechtsmarché hei fannen. Mir mussen derfir suergen, dass d'Flüchtlingen och wierklech kënne schaffe goen, an dierfe se net zur Ontätegkeet zwéngen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Bereetschaft an der Bevëlkerung, de Flüchtlingen an Nout ze hëllefen, ass ganz grouss. Privatleit wéi Studenten oder och jonk Mammen di sech zesummen, fir Kleeder a Kannersaachen ze sammelen oder Nohëllefstonnen unzebidden. Awer och vill Veräiner huele Jonker bei sech op oder invitéieren d'Leit op hir Matcher. All deene wëllt d'sozialistesch Fraktioun Merci soen.

D'Zivillgesellschaft leescht eng ganz wäertvoll Aarbecht bei Berodung, Begleedung, Ënnerstëtzung, bei der Ënnerbréngung oder bei der Realisatioun vun Integratiounsprojeten. Am Kloertext heescht dat: Ouni d'Zivillgesellschaft kéinte vill Projete guer net ëmgesat ginn, wär den Asylsystem vill méi deier, well de Stat fir all déi Leeschtunge misst opkommen an och d'Gefor géif bestoen, dass den Asylsystem zu engem technokrateschen Administratiounsakt kéint ginn.

Kuerz: Ouni d'Zivillgesellschaft, ouni d'Leit dobausse wär eisen Asylsystem an dëser Form net denkbar. Vill engagéiere sech der, dat musse mer unerkennen an alles derfir maachen, fir dass dee gesellschaftleche Konsens an déi Empathie vun de Biergerinnen an de Bierger fir d'Flüchtlingen net noléisst. Efforte vun all Eenzelnem, seng Mënschlechkeet a Solidaritéit mat de Leit, déi hei Schutz an Hëllef sichen, si gradesou wichteg wéi kloer Definitioune vu Prozeduren an Délaien, vu Rechter a Flichten.

Mënschen, déi op der Flucht sinn, bei eis opzehuelen, ass eng edel wéi och elementar staatlech Aufgab. Et ass eis mënschlech Flicht, déi mir mussen zesumme wouerhuelen.

Mat dësem Gesetz kënne mer net all de Misär, dee Mënschen erliewen an dee si zur Flucht zwéngt, ongeschitt oder erëmguttmaachen. Mir kënnen awer derfir suergen, dass déi Leit, déi bei eis Schutz froe kommen, frëndlech a würdevoll empfaange ginn, gehollef kréien an eventuell an eiser Mëtt en neit Doheem fannen.

Ofschléisse géif ech gäre mam éischten Artikel aus der Universaler Deklaratioun vun de Mënscherechter: All d'Mënsche si fräi a gläich an Dignitéit a Rechter gebuer. Si si mat Vernonft a Gewësse begaabt a sollen enaner am Geescht vun der Bridderlechkeet begéinen.

Domadder, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ginn ech dann och den Accord vun der sozialistescher Fraktioun a soe selbstverständlech nach dem Rapporteur, dem Gilles Baum, e grousse Merci fir säin ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Taina Bofferding *(LSAP).-* An hei läit nach e Brëll.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Da gitt mer deen emol eriwwer. Villmools Merci, Madamm Bofferding. An et schéngt mer en orangë Brëll ze sinn.

(Brouhaha général)

Dee schéngt also op déi dote Säit ze goen.

(Hilarité)

Ah, voilà, richteg geroden! An d'Wuert huet direkt den Här Max Hahn.

M. Max Hahn *(DP).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Géigesaz zu deem, wat ech virdru vun der CSV héieren hunn, denken ech, dass weder d'Gesetz nach de Rapport däerfen an deem dote Mooss kritiséiert ginn. Ech erlabe mer näämlech, hei nach eng Kéier ze widderhuelen, dass et sech bei dësem Gesetz ëm d'Ëmsetzung vun enger Direktiv handelt an dass et eng Urgence ass, fir déi nach schnellstméiglech ëmzesetzen. Dat gëtt gäre vergiess.

Mir wëssen och, dass déi Demandeuren, déi am Moment zum Beispill aus dem Irak oder aus Syrien kommen, ganz grouss Chancen hunn, de Statut ze kréien. D'Zuele schwätze fir sech. Eleng am November sinn iwwer 400 Demandeuren zu Lëtzebuerg enregistréiert ginn. Dat ass eng enorm Erausfuerderung fir eis alleegunten, awer och fir d'Akteuren um Terrain, an un éischter Stell den OLAI a seng Partner.

Am Moment konzentréiere sech all d'Ressourcë vum OLAI, fir d'Flüchtlingskris beschtméiglech ze meeschteren. Den Accueil vun de Flüchtlingen entsprécht trotz de schwieregen Ëmstänn de Kritäre vum Respekt vun der Dignitéit vun all Fra, all Mann, all Kand, déi an eisem Land Protektioun sichen.

Fir den Aflux massif muss e Kader geschafe ginn. D'Zäit besteet also net méi, fir de Projet d'accompagnement ganz ëmzegestalten. Mir kënnen an der Urgence, an där mer sinn, net nach eng Opposition formelle riskéieren. Ech sinn awer dofir ganz erstaunt - d'selwecht, wéi meng Virriednerin Taina Bofferding dat scho gesot huet -, dass d'CSV bedauert, dass de Projet d'accompagnement erausgeholl ginn ass. Et sief dann!

Dass de Projet d'accompagnement erausgeholl ginn ass, schléisst awer net aus, dass d'Méiglechkeet besteet, an enger zweeter Phas dës Mesurë festzeleeën. Wat awer och gesot muss ginn, ass, dass elo scho sëllechen Integratiounsmesurë bestinn. Mir hunn net op de Projet d'accompagnement gewaart. Mir hunn elo scho konkret Aktivitéiten, déi mer ubidden. Dat geet vu Sproochecoursen iwwer Sportscoursen bis zu, net ze vergiessen, Initiative vun den ONGen.

Här President, d'Demokratesch Partei steet mat voller Iwwerzeegung hannert dësem Gesetz. Wéi et an eisem Grondsazprogramm steet, wëlle mir fir eng Gesellschaft stoen, déi politeschen a Krichsflüchtlingen Asyl garantéiert. Mënschen, déi wéinst hirer politescher Meenung, hirer Hautfaarf oder Relioun verfollegt ginn, déi virun engem Krich flüchten, mussen an eiser Gesellschaft, jo, mussen an eisem Land Zuflucht kënne fannen!

Une voix.- Très bien!

M. Max Hahn *(DP).-* Lëtzebuerg huet sech dozou verflicht an dofir ass et immens wichteg, un engem encadréierten Accueil am Intérêt vun de Betraffene festzehalen.

Ech wëll ofschléisse mat engem ganz grousse Kompliment, engem Kompliment un déi sëllech Fräiwëlleg, déi sech dobaussen engagéieren, awer och un d'Gemengen, déi sech mat engem ganz, ganz, ganz staarken Engagement dobausse bemierkbar maachen, fir den Demandeuren en Daach iwwert dem Kapp ze schafen. An et ass genau do, wou mer enorm gefuerdert sinn an deenen heitegen Zäiten a wou och eis Regierung gefuerdert ass.

An ech wëll och op dëser Plaz der Regierung eng Kéier félicitéieren,…

Une voix.- Très bien!

M. Max Hahn *(DP).-* …déi och Opklärungsaarbecht dobausse leescht. Dir hutt et an der Press gesinn, dës Woch waren zwou Informatiounsversammlungen, wann ech richteg informéiert sinn, zu Stengefort an zu Mamer, déi ganz gutt besicht waren. Ech hu mer soe gelooss, dass ëm déi 300 Leit op deene Versammlunge waren. Dat heescht, et gesäit een, dass dobaussen den Interessi ganz, ganz grouss ass. An dofir nach eng Kéier e grousse Bravo un d'Regierungsmemberen, dass se déi Initiativ geholl hunn, fir erauszegoen, selbstverständlech an Zesummenaarbecht mat de Gemengen, fir de Leit hir Froen ze beäntwerten, vläicht e Stéck hinnen hir Ängschten och ewechzehuelen, awer och fir e bëssen de Bols vun de Leit dobaussen ze fillen a mat den Ängschte vun de Bierger seriö ëmzegoen.

Ech wëll awer net vergiessen, zum Schluss och nach dem Rapporteur Merci ze soen, dem Parteikolleeg Gilles Baum, fir säin exzellente schrëftlechen an och mëndlechen Rapport.

An an deem Sënn géif ech den Accord och vun der Demokratescher Partei ginn an ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

Une voix.- Gär geschitt!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci och dem Här Hahn. An ech ginn dann d'Wuert direkt un den Här Roberto Traversini.

M. Roberto Traversini *(déi gréng).-* Grazie Presidente.

(Brouhaha)

Dir gesitt, datt dee Projet hei fir eis op alle Fall e wichtege Projet ass. Merci dem Gilles Baum.

M. Alex Bodry *(LSAP).-* Du kanns och Russesch schwätzen...

M. Roberto Traversini *(déi gréng).-* Jo, dat gëtt och an der europäescher Schoul zu Déifferdeng enseignéiert.

(Hilarité)

Merci och menge Virriedner a Virriednerinnen, déi schonn op déi meescht Punkten higewisen hunn. Dat erlaabt mer - doriwwer ass bestëmmt kee béis heibannen -, e bësse méi kuerz ze sinn.

Ech denken, datt mer hei eng gutt Transpositioun vun der EU-Direktiv hunn, bei där mer och an eenzelne Punkten iwwert de Minimum vun der Direktiv erausginn - Minimum -, an dat notamment beim Zougang vun de Flüchtlingen op den Aarbechtsmarché, wourop ech elo gläich nach eng Kéier wäert zréckkommen an da vläicht eng Erklärung ginn, firwat datt et d'lescht Joer der just 20 waren, déi op den Aarbechtsmaart komm sinn.

Ech wëll awer och mat engem klengen Historique vun der Situatioun vun de Flüchtlingen zu Lëtzebuerg ufänken. Ech fänken net bei mengen Elteren un. Dat waren net déi Flüchtlingen, déi haut kommen. Haut ass et vill méi dramatesch wéi deemools bei mengen Elteren.

Lëtzebuerg ass ënnert deenen dräi Länner op der Welt, déi am meeschte Flüchtlinge pro Awunner ophuelen. An dat ass och gutt esou, an dat soll och esou bleiwen! Mir traitéiere säit 2011 all Joers méi wéi 1.000 Demandë fir internationale Schutz. Et waren der 2011, 2012 an elo 2015 e bësse méi wéi 2.000 Stéck.

Et ass awer esou, datt mir an der Vergaangenheet - a bis haut - relativ komplizéiert a laangwiereg Prozedure fir den Accueil vu Flüchtlingen haten. Mir sollen awer deene Leit, déi scho ganz vill matgemaach hunn, onnéideg laang Prozeduren erspueren. An et ass genau dat, wat dëse Projet de loi wëllt: e besseren a mënschewierdegen Ëmgang mat de Flüchtlingen.

De Projet de loi, dee mer haut presentéiert kritt hunn, huet vill positiv Aspekter. Ech denken do zum Beispill un den Artikel 17, dee seet, datt d'Demandeuren, déi Folter, Vergewaltegungen oder aner schwéier Gewaltakten erlidden hunn, déi noutwendeg Behandlung kréien, datt se also medizinnesch, awer och psychologesch betreit ginn.

déi gréng begréissen och de Wëllen, den Demandeure méi Autonomie ze ginn. Andeems se näämlech sämtlech un der Gestioun vun hirer Struktur, wou se wunnen, deelhuele kënnen, wäerte sécherlech manner Tensiounen zwëschen de Refugiéen, awer och par rapport zu den Autoritéiten opkommen. Dat ass eng gutt Saach.

Och fir d'Integratioun an d'Zukunftsperspektiven ass et wichteg, d'Flüchtlinge méiglechst vill anzebannen. Dofir fanne mir et ganz positiv, datt d'Kanner an d'Schoul musse goen. Doriwwer eraus fanne mer et och wichteg, datt de Projet nieft der schoulescher Obligatioun och generell méi Prioritéit op d'Interessie vun de Kanner leet.

Als Gréng begréisse mer dann och, datt mat der Ënnerstëtzung vun dëser Direktiv eng europawäit nei Definitioun vun der Famill besteet. Et gëtt näämlech net nëmme vun deene klasseschen bestueten „Mann a Fra mat Kanner" geschwat, mä generell vum „conjoint", „partenaire non marié" respektiv pacsé.

Ech hu virdru gesot, datt mer am Projet de loi an eenzelne Punkte méi wäit gi wéi d'EU-Direktiv. Wichteg ass, datt hei am Land d'Asylanten däerfen no sechs Méint schaffe goen, amplaz no néng Méint an der EU-Direktiv.

Et kann ee sech allerdéngs d'Fro stellen, an domadder kommen ech zu deem e bësse manner positiven Aspekt, ob déi Frist vu sechs Méint par rapport zu deenen néng Méint vun der EU-Direktiv schlussendlech eppes bréngt oder net. An der Theorie schonn, well d'Prozedur wahrscheinlech méi wéi sechs Méint dauert. Also kann e Refugié vun dëser Reduktioun profitéieren, fir no sechs Méint schaffen ze goen.

An der Praxis gesäit et awer e bëssen aneschters aus, well vill Hürde bestinn. Fir d'Éischt muss den Demandeur de protection internationale sech bei der ADEM umellen, wat jo ganz normal ass. Da muss en e Patron fannen, dee gewëllt ass, hien anzestellen. Dofir muss de Patron awer eng Déclaration de poste vacant bei d'ADEM schécken, mat der Beschreiwung vum Profill, deen hie sicht. Dat fannen ech och nach normal.

An da fänkt et un, e bësse méi komplizéiert ze ginn: Innerhalb vu fënnef Deeg kritt de Patron eng ADEM-Nummer fir de Posten. Dräi Woche laang kann d'ADEM dem Patron aner Kandidate schécken. Wärend där Zäit muss den DPI waarden.

(Interruption)

Wann do e Feeler dran ass, ech hu kee Problem, datt ee mir dat herno seet.

Wann de Patron no deenen dräi Wochen nach ëmmer drun interesséiert ass, den DPI anzestellen, muss en der ADEM erkläre firwat. Dat, well d'Préférence communautaire am Gesetz steet. Dofir huet de Patron fënnef Wochen Zäit. D'ADEM gëtt innerhalb vu fënnef Deeg dann eng Äntwert. Do kann allerdéngs och nach den Avis vun der Commission consultative des travailleurs gefrot ginn.

Wann dat alles da gemaach ass, kritt den DPI dann endlech eng Autorisation temporaire. Dat weist hei, wéi schwiereg et schlussendlech wäert si fir déi Leit, eng Aarbecht ze kréien.

Dobäi sinn déi administrativ Hürden awer net déi eenzeg Schwieregkeet. D'Sprooch ass beispillsweis och eng. An deene meeschte Fäll ass d'Mammesprooch vun de Refugiéen Arabesch. Parallell zu enger Vereinfachung vum Accès op den Aarbechtsmaart sinn also och Sproochecoursen absolutt noutwendeg.

D'Verkierze vun där Frist vun néng op sechs Méint kann een natierlech nëmme begréissen. Et muss een awer och derfir suergen, datt et net nëmmen Theorie bleift!

Flott - an immens flott - fannen ech, datt den OLAI elo grouss opgestockt gëtt. Ech fannen et impressionnant, wéi eng Aarbecht déi amgaange sinn ze maachen. De Max huet gesot „mat de Gemengen", selbstverständlech, mä et ass awer: Wann een dat hautno gesäit, och op där Versammlung, fannen ech, muss een do schonn den Hutt ofzéie virun deene Leit, déi am Moment do schaffen. Dofir si mer frou, datt déi Leit opgestockt ginn.

Ech wëll awer och der Regierung soen - an dat war net ëmmer esou, ech hunn et op alle Fall net esou empfonnt -, datt déi Energie, déi am Moment elo do ass, fir schnell an „gutt" - gutt tëscht Gänseféisercher -, mä fir awer schnell an esou ze reagéieren, wéi ee kann, datt ech dat eréischt zënter zwee Joer spieren. Ech weess, datt och scho vill virdru versicht ginn ass, mä ech hunn awer do ëmmer dee leschten Drock vermësst, op alle Fall a menger Gemeng. Ech soen Iech, Madamm Ministesch, villmools Merci, well déi Versammlung, wou ech derbäi war, do hunn ech wierklech fonnt, datt Der dat exzellent a gutt eriwwerbruecht hutt.

Mme Corinne Cahen, *Ministre de la Famille et de l'Intégration.-* Merci.

M. Roberto Traversini *(déi gréng).-* Et kann een e puer Saachen hei bemängelen, mä eis Fraktioun ass selbstverständlech mat deem heite Projet averstanen. Ech wäert hei dann och am Numm vun der grénger Fraktioun soen, datt mir dat heite mat zwou Hänn wäerten ënnerschreiwen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci och dem Här Traversini. An d'Wuert huet direkt den Här Fernand Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).-* Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt och ufänke mat engem freedege Merci un den Här Baum fir e ganz interessante Rapport, deen drop hiweist - an ech mengen, mir mussen dat einfach realiséieren -, datt et an dëser Prozedur eng ganz Rei Problemer gouf. An ech wëll mech do ausdrécklech uschléissen un déi Kriticken, déi d'CSV schonn énumeréiert huet un där Manéier, wéi dat Gesetz hei virbereet ginn ass. Mir erkennen doranner och e gewëssene Mépris vum Parlament.

Dat gesot, wëll ech hei ganz kuerz soen, datt mer scho wéi an deem Gesetz, wat mer d'lescht Woch gestëmmt hunn, de 6779, musse feststellen, datt dat Gesetz schonn dépasséiert ass. Am Rapport vum Här Baum steet: «Il est à rappeler que l'élaboration de la directive elle-même», déi, déi mer haut sollen ëmsetzen, «s'est déroulée dans un contexte géopolitique différent.» Dat ass esou. Dat sinn Direktiven, déi an engem anere Kontext ausgeschafft goufen, déi mer awer elo praktesch duerch en Automatismus wëllen ëmsetzen. Ob dat wierklech adequat ass, dat ass eng Fro, déi ee sech däerf stellen.

Mir hunn dat Gefill, datt déi Manéier, wéi un dat Gesetz hei erugaange gëtt vun der Regierung, gläichzäiteg op eng gewësse Gläichmaacherei hiweist an awer och eng gewëssen Naivitéit weist.

Dat Éischt ass, datt mir als ADR vun Ufank un, wéi déi Flüchtlingskris ugefaangen huet, gesot hunn, datt ee muss kloer ënnerscheeden tëschent deene verschiddene Kategorië vu Flüchtlingen, well se am internationalen Droit anescht behandelt ginn an aner Rechter hunn.

Natierlech, déi Leit, déi perséinlech verfollegt ginn, déi richteg Refugiéen, do ass jo guer keng Diskussioun, datt mer déi mussen ophuelen an esou laang bei eis hunn, wéi se déi Hëllef och brauchen. Bei de Krichsflüchtlingen ass et schonn eng ganz aner Situatioun. Bei Leit, déi aus reng ekonomesche Grënn wëllen an Europa kommen, ass et erëm eng aner Situatioun. Mä déi Direktiven, déi mer ëmsetzen, vermëschen déi Kategorien doduerch, datt se eben eng Kategorie vu Protection internationale aféieren an all Ënnerscheeder wëlle vermëschen. Dat ass net déi richteg Approche,

well schlussendlech féiert déi Gläichmaacherei jo och derzou, wann een net differenzéiert, datt een net gerecht ass. Well gerecht ass deen, deen op all Situatioun esou ageet, wéi déi Situatioun et ebe verlaangt a verdéngt.

Mir hunn och déi Naivitéit vun der Regierung festgestallt mat deem Projet d'accompagnement, deen derzou geféiert hätt, datt hei awer déi Demandeurs de protection internationale materiell Avantagë kritt hätten zu Lëtzebuerg, déi se an anere Länner net kréien. An de Statsrot huet déi Gefor jo och erkannt an huet gesot, dat wier eng Tendenz, déi natierlech, ech iwwersetzen dat elo, zu engem „asylum shopping" kéint féieren, zu där Tendenz, datt nach méi Leit op Lëtzebuerg kommen, well se eben den Avantage sichen a well jo och Schleiser ganz bewosst kucken, wou dee gréissten Avantage ze erwaarden ass an d'Leit och dann dohinnerbréngen.

Fir eis ass eng grondsätzlech politesch Iwwerleeung emol eng ganz wichteg: Firwat ass et hei am Land net méiglech, anscheinend, eng Diskussioun ze féieren, wéi mer se awer souguer an Däitschland elo haten? An ech referéiere mech op den CDU-Parteitag, wou souguer an Däitschland d'Bundeskanzlerin Merkel jo eigentlech dat Ganzt lasgestiwwelt huet duerch hir Décisiounen, wou och um Bundesparteitag vun der CDU gesot gëtt: „Mir musse Moossnamen, konkret Moossnamen treffen, fir eng substanziell Reduzéierung vun der Zuel vun de Leit anzeféieren, well mer et soss net packen."

Elo ass Lëtzebuerg - hu mer jo haut héieren e puermol - eent vun deenen dräi Länner op der Welt, wat proportional am meeschte Leit ophëlt. Firwat ass et net méiglech, driwwer ze diskutéieren, iwwert déi Froen, déi d'Leit hunn, ouni op Wierder zréckzegräife wéi Angscht? Déi Leit sinn net irrational, déi sech Froe stellen. Firwat gëtt vu Populismus geschwat? Déi Leit sinn net irresponsabel, déi sech Froe stellen. Mir hunn hei eng riseg, proportional riseg Awanderung a relativ kuerzer Zäit an eist Land. Ass et net legitimm, sech Froen ze stellen iwwer eng Verännerung vun eiser Demografie, vun eiser Soziologie an enger relativ kuerzer Zäit? Wat huet dat fir Konsequenzen op eist Land? Wat huet dat als Konsequenzen op d'Integratioun an op d'Zukunft vum d'Zesummeliewe vun eiser Gesellschaft?

Firwat ass et net méiglech, dës Diskussioun ze féieren, ouni iwwer Angschten ze schwätzen, ouni iwwer Populismus ze schwätzen an déi Leit unzekloen oder an en Eck ze réckelen, déi déi Froen opwerfen? Eis liicht dat net an. Mir sollen déi Diskussioun ganz neutral an an aller Verantwortung féieren.

Et ass och e Gesetz, wat mer elo hei hunn, wat eng Rei Froen opwerft. Zum Beispill: Wat sinn d'Konsequenze vun deenen, déi net bei den Dokter ginn? Firwat ass an dem Regimm oder an enger Protection temporaire iwwerhaapt keen Délai vu sechs Méint, fir eng Autorisation de travail oder d'occupation temporaire ze kréien, a beim DPI gëtt et déi sechs Méint? Firwat steet am Artikel 1(3), datt dat Gesetz am Fall vun engem Afflux massif net gräift, net soll applikabel sinn? A mir hunn en Afflux massif an et gëtt awer ugewannt.

Also alles dat sinn eng Rei Froen, déi mer eis stellen. Mä loosst mech vläicht e puer Grondprinzipie vun der Approche vun der ADR hei kloer soen an dëser Fro:

Deen éischten ass, datt och mir derfir sinn, datt den Accueil vun all deene Leit, déi bei eis Hëllef sichen, muss korrekt sinn, datt d'Prozedure solle kuerz sinn, datt hir Rechter solle garantéiert sinn. Mä loosst mech awer och soen, datt et mat eis sécher keng Situatioun géif ginn, wou mer vill Leit, ganz vill Leit, Honnerte vu Leit am Land hunn, déi um Enn vun hirer Prozedur ukomm sinn an awer nach hei sinn. Déi si bestëmmt net alleguer krank! Do feelt et och un engem politesche Wëllen, fir déi Leit zréckzeféieren.

Mir hunn elo an Éisträich - dat ass elo dat, wat ech op jidde Fall haut an de Medie gelies hunn - eng Tendenz, fir d'Réckféierdauer um Enn vun der Prozedur fir déboutéiert Demandeurs de protection internationale op siwen Deeg ze reduzéieren. Dat stoung haut an de Medien. Dat ass eng aner Approche wéi déi, déi mer hei hunn. A mat der ADR géif et och keng Regulariséierung ginn, wann deen eenzege Kritär vun der Regulariséierung ass, datt d'Leit scho laang hei sinn. Dat geet eis net duer.

Zweetens: Fir eis ass et och ganz kloer, datt mer eng Integratiounsflicht hunn. Déi Leit kommen och op Lëtzebuerg, net an d'Belsch an net a Frankräich. Dofir ass et och kloer, datt déi Sprooch, déi se musse prioritär léieren, Lëtzebuergesch ass, wa se méi laang heibleiwen. Well wa se an eis Gesellschaft wëllen integréiert ginn, gëtt et och fir eis do nëmmen eng Wiel. An dat heescht net nëmmen honnert Wierder, esou luewenswäert dat ass - et ass och schéin, wann déi Leit honnert Wierder Lëtzebuergesch léieren -, mä d'Integratiounssprooch ass Lëtzebuergesch! An déi, déi net weisen duerch hiert Verhalen..., oder eis soen, datt se sech net wëllen zu de Wäerter vun eiser Gesellschaft bekennen, déi kënnen an eisen Aen och net hei am Land bleiwen.

(Interruptions)

Dat Drëtt, an och do loosst mech ganz kloer sinn: Mir kënnen als Lëtzebuerg net méi attraktiv si wéi aner Länner an der Europäescher Unioun. Mir schwätzen hei iwwer Rechtsstaten, Éisträich, Holland, Dänemark, alles Rechtsstaten an der Europäescher Unioun, déi déiselwecht international Instrumenter ratifizéiert hunn, inklusiv europäesch Mënscherechtskonventioun, wéi eist Land. An awer, mir stelle fest, datt Dänemark elo d'Leit un de Grenzen unhält, bis d'Identitéit gekläert ass. Ech hunn lech grad gesot, datt Éisträich sech siwen Deeg maximum als Réckféierungsfrist virgeholl huet.

Mir gesinn, datt d'Familljenzesummeféierung a verschiddene Länner op dräi Joer differéiert gëtt. Mir gesinn, datt den Asyl op Zäit geholl gëtt, soudatt automatesch d'Prozedur oder d'Grënn fir den Asyl no dräi Joer iwwerpréift ginn. Dat sinn d'Entwécklungen an Europa. Wa mir dat net maachen oder an enger äänlecher Form maachen, heescht dat, datt mer natierlech komparativ Virdeeler hunn an den Ae vun deenen, déi sech wëlle méi dauerhaft installéieren, géintiwwer anere Länner. An dat heescht, datt deen Effet aspirateur vu Lëtzebuerg nach méi staark gëtt.

Mir hu virdrun héieren, wann ech den Här Baum richteg héieren hunn, datt mer 25 Leit am Ableck pro Dag hunn. Mä dat heescht - mol 365 - iwwer 9.000 am Joer. Wa mer eis also dann net déi Fro däerfe stellen, wéi mer dat solle packen a wat dat als Konsequenzen op eis Gesellschaft huet, da froen ech mech: Wéi eng Diskussiounen däerfe mer dann hei am Land nach stellen, wa mer déi net stellen, wéi mer 9.000 Leit zousätzlech, wann deen Trend unhält, am Joer kënnen ophuelen?

Dann: Fir eis ass et och ganz kloer, datt mer an all eise Moossnamen, déi mer huelen, fir deene Leit entgéintzekommen an hire Liewensniveau ofzesécheren, wat jo och richteg ass, awer nimools däerfen d'Résidentë méi schlecht behandele wéi déi Leit, déi hei eng Protektioun sichen. Dat ass an eisen Aen evident! Et ass wichteg fir d'Akzeptanz vun der Politik. Dat gëllt fir den RMG an et gëllt fir d'Modalités d'application vum RMG, wou d'Madamm Minister eis eng relativ evasiv Äntwert op eng Question parlementaire ginn huet, wat d'Communauté domestique ugeet, an et gëllt selbstverständlech fir de Wunnengsmaart.

Et ass och fir eis interessant festzestellen, datt mer déi grouss Ustrengung, déi mer elo huelen am Beräich vum Wunnengsmaart, och schonn hätte kënnen éischter huelen, och virun der Refugiéswell, fir esou vill Leit, déi wierklech ganz grouss Schwieregkeeten hunn, eng Wunneng ze fannen. Dat hätte mer kënnen éischter maachen!

Mir maachen eis selbstverständlech och Suergen ëm eng gewësse Ghettoiséierung. Mir musse kucken, datt et net dozou kënnt. Mä dat féiert elo ze wäit, fir déi Diskussioun ze féieren.

Loosst mech och kloer soen, datt d'Madamm Minister sech muss bewosst sinn, datt hire Rôle deen ass, an och dee vum OLAI, fir d'Interesse vum Stat ze vertrieden. Bei aller Fürsorg fir déi Leit, déi Hëllef sichen, déi Ausso, déi d'Madamm Minister gemaach huet um Radio, déi se net dementéiert huet als Äntwert op eng Question parlementaire, déi mer gestallt hunn, datt se net géif d'Donnéeë viruginn un den Immigratiounsministère, wann hir Leit gewuer ginn, datt falsch Donnéeë gemaach ginn, fir kënnen heizebleiwen; dat huet se net dementéiert. An enger Question parlementaire äntwert d'Madamm Minister, si verweist op de Secret professionnel vun den Assistants sociaux a si géif selbstverständlech am Interessi vun deene Leit handelen, déi hei an d'Land kommen.

Dat ass schéin a gutt, mä un éischter Plaz erwaarde mir vun engem Lëtzebuerger Minister, datt en déi Lëtzebuerger Rechtsuerdnung respektéiert. A wann e Minister, virun allem den Integratiounsminister, mierkt, datt gefuddelt gëtt, da muss dat an Zesummenaarbecht mam Immigratiounsministère a mat der Justiz geschéien, datt do déi néideg Konsequenze geholl ginn.

Ech gesinn, Här President, datt ech um Enn sinn. Ech kommen also och un d'Enn vu menger Ried.

Ech wollt nach soen, datt et fir eis och ganz kloer ka si bei där ganzer schoulescher Formatioun, déi elo muss geschéien, datt déi Formation professionnelle, mat där mer jo och d'accord sinn, datt déi Kanner Zougang hunn, datt do awer schonn enorm Problemer sinn an eiser Formation professionnelle an datt mer dofir ganz gutt mussen oppassen, wéi mer se integréieren an d'Formation professionnelle, zu wéi engen Ofschlëss dat eventuell ka féieren, datt et och do keng Diskriminatioune gëtt tëschent deenen, déi nei kommen, an deenen, déi schonn an deem System sinn. Mä fir dat elo ze verdéiwen, dat géif eis also ze wäit féieren.

Mir soen lech Merci fir e Projet de loi, deen Der eis presentéiert hutt, dee mir awer net kënne matdroen. Well déi Approche, déi en huet, ass an eisen Aen net déi Approche, déi realistesch Approche, déi mer brauchen, fir där heiter Kris wierklech entgéintzekucken.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Kartheiser. Dann huet d'Wuert den Här David Wagner.

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Merci, Här President. Et gi Leit, an dat gouf et ëmmer an der Geschicht, et goufen ëmmer Leit, déi et fäerdegbréngen, op eng ganz ziviliséiert an héiflech Aart a Weis äusserst gravéierend Saachen ze soen, an et fäerdegbréngen, Jugementer iwwer Mënschen a Gruppe vu Mënschen ze maachen an och vläicht och nach Ënnerscheeder ze fuerderen an ze fuerderen, datt ee ka roueg doriwwer diskutéieren.

Une voix.- Très bien!

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Et kéint een och roueg driwwer diskutéieren - an dat ass oft gefuerdert ginn, et ass och esou gemaach ginn -, ob Leit an Afrika méi no un dem Mënsch oder un dem Déier sinn - et kéint een a Rou driwwer diskutéieren. Et däerf ee sech awer déi Fro stellen!

Ech mengen, et gi Politiker, déi profitéiere ganz einfach - ech soen dat erëm eng Kéier, mä ech fannen dat wierklech schlëmm! -, well et ginn natierlech gewëssen Ängschten an dëser Gesellschaft, well eis Gesellschaften ongerecht si fir jiddereen, déi, déi hei liewen, an déi, déi ausserhalb vu Lëtzebuerg liewen, an Europa liewen, uechtert d'Welt. An dann ass et natierlech einfach, wann een net onbedéngt weess, wa Leit vu wäit hierkommen an eng aner Sprooch schwätzen, déi ee wierklech net versteet, an eng aner Relioun hunn - déi guer net esou wäit ewech ass vun där vum Chrëschtentum heiansdo, wéi ee selwer mengt -, datt een duerno den Däiwel un d'Wand ka molen. A Wierklechkeet wësse mer, an d'Geschicht vun der Mënschheet huet bewisen, datt Leit, déi vu wäit hierkoumen, sech ëmmer no e puer Generatiounen integréiert hunn, och wa se vu ganz wäit koumen!

Et kéint een eng Kéier eng Fro stellen oder eng Kéier driwwer diskutéieren - ech géif gäre wësse vu gewëssene Leit, wat se dorënner verstinn -, iwwer „eis Wäerter" oder ob se „eis Wäerter" deelen. Da schwätze mer ganz konkret iwwert d'Wäerter an da kucke mer och ganz konkret, ob jiddereen hei zu Lëtzebuerg, déi hallef Millioun Leit, déi hei liewen, genau déiselwecht Wäerter deelen an ob aner Leit aus anere Géigenden och ëmmer déiselwecht Wäerter deelen. Ech mengen, do gëtt vill egal wat erzielt!

Mä elo zréck zum Projet de loi: Jo, mir sinn e bëssen embêtéiert, well u sech huet de Projet de loi, muss ee soen, wierklech eng ganz Partie Avancéeën an enger éischter Phas och mat sech bruecht. An d'Regierung ass wierklech op ganz vill Amendementer agaange vum Lëtzebuerger Flüchtlingsrot. Dat ass och wierklech ze begréissen. An du koum de Statsrot, wuelwëssend, datt natierlech och nach eng gewëssen Urgence do ass, net nëmme well et eng Direktiv ass, mä well och eng reell Urgence an der Realitéit do besteet, an da kënnt de Conseil d'État a mécht eng ganz Partie Opposition-formellen an e blockéiert u sech dee gudden Ulaf, deen d'Regierung wierklech hat, well ech mengen, op deem Niveau gëtt et e Wëllen, fir déi Leit ze integréieren.

Ech sinn e bësse schonn enttäuscht vum Conseil d'État, datt en e bëssen ausserhalb vun de Realitéite vläicht lieft. Dat huet vläicht domadder ze dinn..., e seet et och esou: «Le Conseil d'État note que le projet de loi ne se limite pas à transposer la directive (…). Il contient des dispositions plus favorables que les exigences européennes (…).» Mä tant mieux! Tant mieux! Da kann een emol weisen, datt mir e bësse méi wäit ginn.

Nee, do huet de Conseil d'État leider dat blockéiert mat Opposition-formellen. Et ass net den Härgott, de Conseil d'État. Et kéint een en och a Fro stellen.

(Brouhaha)

A mir wësse jo, wéi se nomméiert gi meeschtens. Oft si se hei net gewielt ginn, da gi se et an der Haute Corporation.

Mä dovunner ofgesinn - jo, ech sinn haut e bësse rosen -, et sinn awer e puer Avancéeë weiderhin nach drabliwwen an deem Projet de loi, wéi ënner anerem den Accès au marché du travail, wat immens wichteg ass, well déi Leit sinn destinéiert, fir hei ze liewen. An da muss een derfir suergen, datt se och heibleiwen an esou schnell wéi méiglech autonom ginn. Mä duerno, wat d'Allocations mensuelles ubelaangt, wat d'Formation professionnelle ubelaangt, wat de ganze Volet vun der Autonomiséierung ubelaangt an esou weider, do ass blockéiert ginn. An dat huet jo och haut de Moien de Lëtzebuerger Flüchtlingsrot bedauert.

Aus deenen Ursaache wäerte mir eis enthalen, well mir wëssen, datt e Wëllen do ass. Et ass leider blockéiert ginn. Et hätt ee sech nach kënnen en aneren Délai ginn. Mä bon, dat ass eben net de Fall! Dann enthale mer eis bei deem Projet de loi.

Ech soen lech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Wagner. An d'Wuert huet direkt d'Familljeministesch, d'Madamm Corinne Cahen.

Prise de position du Gouvernement

Mme Corinne Cahen, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Här President, well et relativ ongesond ass, falsch Zuelen am Raum stoen ze loossen, wëll ech dann emol direkt eng richteg Zuel dem honorabelen Deputéierte Fernand Kartheiser matdeelen, näämlech: Mir hu bis elo nach keng 2.500 Leit dëst Joer, déi de Flüchtlingsstatut hei zu Lëtzebuerg gefrot hunn. Souwäit emol dozou, fir déi Zuel emol hei direkt richtegzestellen. Mir hunn awer zanter September en Afflux massif, mir hu ganz vill...

(Interruption par M. Fernand Kartheiser)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Wann ech gelift, loosst d'Madamm hire Räsonnement fäerdegmaachen. An herno, wann d'Madamm Cahen wëllt...

Mme Corinne Cahen, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Ech hunn elo 28 Sekonne geschwat,...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Jo.

(Hilarité)

Mme Corinne Cahen, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- ...ech wäert jo elo nach e bësselche vu menger Riedezäit och kënnen notzen! Ech hat lech jo och net ënnerbrach. Da géif ech lech bieden, mech och net ze ënnerbriechen. Voilà!

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Ech ënnerbriechen lech net.

Mme Corinne Cahen, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Ma dach, Dir sidd déi ganzen Zäit amgaangen. Elo si mer schonn op 44 Sekonnen!

(Brouhaha et hilarité)

Also, Här President, pardon fir dës Interruptioun.

Mir hunn en Afflux massif zanter September dëst Joer. Mir wëssen dat alleguer an dës Regierung huet décidéiert, proaktiv un déi Saach erunzegoen.

Mir hunn dat och gesi kommen a mir hu schonn am Virfeld am Fong reagéiert, andeems mer gekuckt hunn, fir Gebaier ze huelen, déi eidel stinn, déi an nächster Zäit eng Kéier ofgerappt ginn, well aner Projeten dropstinn, op deene Gebaier, an do hu mer eben e puer Gebaier kënnen iwwerhuelen: d'Logopädie, déi al Maternité, déi al Kasären am Park zu Ettelbréck, awer och zum Beispill elo de Monopol zu Gaasperech, deen opgaangen ass dës Woch, dee mer ageriicht hunn, fir déi Leit kënnen opzehuelen. Mir wollte verhënneren, fir déi Leit, déi am Moment hei ukommen, op Campinge mussen ze leeën, a mir wollten och verhënneren, souwäit et nëmme méiglech ass, se a Sportshalen oder aner Centre-culturellen hei am Land mussen ze leeën.

Et ass eis Flicht, mir hunn d'Genfer Konventioun ënnerschriwwen iwwert de Statut vun de Flüchtlingen, an do hu mer net nëmmen eng moralesch Obligatioun, fir de Flüchtlingen ze hëllefen.

Mir hunn, wéi gesot, am September 600 Leit, déi ukomm sinn, am Oktober och, an am November waren et der nach eng Kéier e bësselche méi, déi bei ons an de Foyeren ukomm sinn, sprëch an der Luxexpo elo, wou de Primo-accueil vun der Croix-Rouge ganz gutt géréiert gëtt.

Den OLAI, deen huet 70 Foyeren op eppes méi wéi 60 Gemengen am Land verdeelt. An, wéi

gesot, mir hu lauter zousätzlech Better elo ageriicht, déi mer awer och iergendwann nees eng Kéier mussen ofriichten d'nächst Joer. A mir schaffen u weidere Léisungen. Dofir hate mer och an de leschten Deeg a Woche ganz vill Informatiounsversammlungen, wou mer ganz vill Froe gestallt kruten.

A wann ech vun engem Bierger eng Fro gestallt kréien, wou e seet: „Ech hunn Angscht", da wäert ech jo däerfen op déi Angscht och äntwerten, well ech mengen, dass et normal ass, dass een Angscht huet viru Saachen, déi een net kennt. Ma da muss ee se vläicht kenneléieren! An dat ass wahrscheinlech och d'Solutioun, fir Ängschte sécherlech ofzebauen.

Ech wëll op dëser Plaz awer emol fir d'Éischt ganz sécherlech eise Partner Merci soen: der Caritas, der Croix-Rouge, awer och elo der ASTI, déi och elo neierdéngs e Foyer géréiert. Da géif ech awer och gären all de Bénévolle Merci soen an den Associatiounen, déi sech dagan, dagaus engagéieren, bei ons an d'Foyere kommen an dann och bénévole Aktivitéite mat deene Leit maachen, fir dee ganzen Dag eben och ze iwwerbrécken.

De Bénévolat ass enorm. Mir kréien nach ëmmer plus ou moins 50 Appeller pro Dag vu Leit, déi sech mellen, déi hëllefe wëllen. Ganz verschidden Hëllefe ginn do ugebueden. D'Gemengen hu gehollef, ganz intensiv. Mir hunn de Centre Noppeney zu Déifferdeng opgemaach an e CFL-Logistik-Site op der Gare, fir kënnen och Kollekten ze maachen, fir Leit, déi Saache bréngen. An et gëtt wierklech eng exzellent Zesummenaarbecht tëschent all de Partner: der Croix-Rouge, der Caritas, der ASTI, dem CNDS, der Agence du Bénévolat, fir elo emol just déi ze nennen.

Ech sinn immens frou, dass de Projet de loi N°6775 iwwert den Accueil vun den Demandeurs de protection internationale nach hoffentlech dëst Joer ka gestëmmt ginn an domat uganks d'nächst Joer och a Kraaft kann trieden.

Et huet eng Urgence bestanen. Op där enger Säit si mer, wéi gesot, vun engem Aflux massif vu Flüchtlingen heemgesicht ginn hei zu Lëtzebuerg. Dat heescht, mir stellen de materiellen Encadrement, natierlech och d'Opstelle vun temporären Opfaangstrukturen. Dat setzt awer och e juristesche Kader viraus, deen de Besoine vun deene Leit, déi bei eis kommen, gerecht gëtt. An dëse juristesche Kader gëtt vun dem heitege Projet de loi en place gesat.

Op där anerer Säit transposéiert dëse Projet de loi, deen lech zum Vott virläit, och d'EU-Direktiv N°2013/33 vum 26. Juni 2013. Mir setzen eis also elo och EU-konform.

Déi Direktiv schreift sech an eng Politique d'asile européenne commune an. Déi Politik geet op eng Réunion spéciale vum Conseil européen zu Tampere vum 15. a 16. Oktober 1999 zréck. Déi Réunion spéciale, déi der Kreatioun vun engem Espace de liberté, de sécurité et de justice an der Europäescher Unioun consacréiert war, huet och d'Jalone fir déi europäesch Flüchtlingspolitik an deene Joren duerno gesat.

De Leitsaz, deen aus der Reunioun ka festgehale ginn, ass deen, dass d'Garantië vu Fräiheet, Sécherheet a Justiz keng exklusiv Prioritéit (veuillez lire: Prärogative) vun den EU-Bierger sinn, mä och mussen accessibel si fir déi Leit, déi aus deene State kommen, wou déi Garantien net bestinn.

Am Régime d'asile européen commun, deen no dem Conseil vun Tampere en place gesat ginn ass, gëtt et zwee Voleten: de Volet, deen den Accès zum Statut vum Flüchtling an domat och d'Recht, fir op eisem Territoire ze bleiwen, regelt, an de Volet vum Accueil, dat heescht vum Encadrement vun deemjéinegen, deen de Statut dann och ufreet.

Deen éischte Volet, deen ass no Tampere ënner anerem vun enger Direktiv vum 1. Dezember 2005 ëmgesat ginn. Déi Direktiv ass vun der Direktiv 2013/32 vum 26. Juni 2013 iwwert den Octroi an de Retrait vun der Protection internationale adaptéiert ginn. Deen entspriechende Projet de loi, de 6779, ass jo vun lech hei d'lescht Woch an Ärer Séance vum 10. Dezember gestëmmt ginn.

Den zweete Volet, de Volet Accueil, ass an enger éischter Phas an enger Direktiv vun 2003 geregelt ginn, déi d'Mesures minimales en matière d'accueil festgeluecht huet. Déi Direktiv vun 2003 ass elo komplett vun der Direktiv N°2013/33 iwwerschafft ginn, déi jo d'Basis vun dësem Projet de loi ass. De Projet de loi iwwerhëlt déi Mesurë vun der Direktiv op eng esou konform Manéier ewéi méiglech. Et sinn nei a verbessert Mesuren, déi den Accueil an den Encadrement vun den Demandeurs de protection internationale sollen assuréieren.

Zu deene Mesurë gehéieren ënner anerem - ech zielen der e puer op: den Accès zu enger Rei vu materiellen Hëllefen, déi d'Grondbedierfnisser decken; de medezinneschen Encadrement; d'Assistance judiciaire; d'Méiglechkeet, wéi den Här Traversini gesot huet, op de Marché du travail zougelooss ze ginn; d'Méiglechkeet, fir méi aktiv um Liewen an de Foyeren och deelzehuelen; den Encadrement vu Mineurs non accompagnés, déi am Moment am Fong relativ dacks hei ukommen - dat sinn dacks jonk Hären, déi tëschent 14 a 17 Joer al sinn -; am Allgemengen awer och de Schutz vu méi vulnerabele Persounen, an d'Formatioun, déi dat Personal kritt, fir den Demandeurs de protection internationale ze hëllefen, wat déi ebe betreit.

En vue vun der Urgence war et leider net méiglech, fir déi eng oder aner Mesure, déi mer ufanks virgesinn haten, an deem Projet de loi hei ze transposéieren. Ech denken do notamment un de Projet d'accompagnement. Deen huet mussen den Ament ewechgelooss ginn.

Wéi gesot, de Projet d'accompagnement huet mussen ewechgelooss ginn. Ech sinn awer immens frou ze héieren, dass d'CSV dat och bedauert. A mir wëllen och weiderhin dorunner schaffen, fir dee Projet d'accompagnement dann och besser ze definéieren an deen dann awer och anzeféieren.

Eiser Meenung no mussen d'Leit autonomiséiert ginn. Mir däerfen d'Leit net an enger Ofhängegkeet behalen. Mir mussen de Leit erlaben, och d'Liewe vun hei kennenzeléieren, all d'Facettë vum Liewe vun hei!

Ech mengen, dat ass jo och an Ärem Sënn, Här Kartheiser, dass d'Leit och léieren, wéi d'Liewen hei ass, an dass se dann dee Moment och natierlech kënnen hei liewen, wa se de Statut bis kréien.

Vläicht erlaabt mer nach, op e puer aner Froen natierlech nach anzegoen. Madamm Mergen, et ass eng ganz effikass Commission interministérielle. Mir schaffe ganz enk zesummen. Mä et schéngt awer evident, dass de Volet Santé am Santésministère muss behandelt ginn! Déi hunn den Know-how dofir an déi sollen dat maachen! De Volet Travail gëtt am Ministère du Travail behandelt. Dat ass normal. Mä mir schaffe ganz enk zesummen.

An ech géif gären op dëser Plaz all deene Leit, déi ech elo wierklech zanter Méint quasi all Dag op Informatiounsversammlungen a soss Reunioune gesinn, Merci soe fir déi formidabel Zesummenaarbecht. Do si Leit, déi sinn ultraengagéiert, ugefaange mam OLAI, d'Assistant-sociallen, d'Éducateuren, déi wierklech eng formidabel Aarbecht maachen, déi vill méi Aarbecht hu wéi virdrun. Bis elo sinn déi nei Posten nach net geschafen. Déi fueren op de Felgen, mä si maachen eng formidabel Aarbecht, fir d'Leit ze suivéieren, fir hinnen deen Accueil ze ginn, dee se och brauchen.

E grousse Merci awer och un d'Immigratioun. Och déi Leit maachen eng formidabel Aarbecht, maachen eng ganz seriö Aarbecht, mam Screening, mat den Interviewen. An et ass wichteg, och deene Merci ze soen, well se wierklech do hir Aarbecht ganz seriö maachen. E Merci och un den Éducatiounsministère, dee jo méi wéi ee Programm elo an d'Liewe geruff huet, fir dass d'Leit ons Sprooch solle léieren, Lëtzebuergesch, awer och aner Sproochen. E Merci un de Santésministère, un den Intérieur, un den MDDI, un de Logement. Bref, just fir lech ze soen, et ass wierklech interministeriell a mir schaffe ganz enk zesummen!

„Déi Leit, déi de Statut hunn, mussen aus de Foyeren eraus", jo, gären! Natierlech! A mir schaffen drun! Dës Regierung huet sech deem Problem ugeholl. Den Innenminister ass bei d'Gemenge gaangen a geet och weider bei d'Gemengen, fir Logementer ze fannen. Net nëmme fir d'Demandeurs de protection internationale respektiv d'Flüchtlingen, déi dann e Flüchtlingsstatut kruten, mä och fir déi aner Leit! Well mir hunn hei am Land och e Problem vu Leit, déi op Lëschte sinn, déi Wunnenge sichen, scho laang. An déi sollen och iwwert dee Wee gehollef kréien. Do schafft dës Regierung ganz intensiv drun.

Et ass ugeschwat ginn: d'Krichstraumaen. Mir hunn hei am Land ganz gutt a ganz kompetent Psychiateren, Pädopsychiateren, Ethnopsychiateren. Mir schaffen zesumme mam CHL. Mir schaffen awer och zesumme mam Hôpital Kirchberg. Déi eng këmmere sech éischter ëm Kanner ënner 13 Joer, déi aner ëm Kanner iwwer 13 Joer. Fir déi Erwuessen, do schaffe mer ganz enk zesumme mat der Klinik zu Ettelbréck a mam Dokter Graas, déi do am Fong geholl déi Leit da behandelen.

Wat d'Iwwersetzung ugeet, kann ech berouegen. Et hu sech extrem vill Leit gemellt, fir Iwwersetzungen ze maachen. Déi Iwwersetzunge sinn deels Arabesch-Franséisch, awer och deels Arabesch op Däitsch ganz dacks. Et ass awer och esou, dass mer musse feststellen, dass ganz vill vun deene Leit, déi ukommen, Englesch schwätzen. Also ass deen direkte Kontakt méiglech. An et ass ëmmer een derbäi, deen Englesch schwätzt. Also ass et och dee Moment méiglech, mat deenen ze schwätzen, déi och keen Englesch schwätzen. An ech mengen, dat ass awer och ganz wichteg, dass een och direkt mat de Leit ka schwätzen. Dat stelle mer fest. An dat ass och wierklech gutt esou.

Mir sinn der Meenung, dass mer dësen Aflux nëmme kënne meeschteren, wa mer all zesummen eng Hand mat upaken. Dat hei ass keng Situatioun, déi Lëtzebuerg nach net kannt huet. De Gilles Baum huet et ugeschwat: 1999 waren iwwer 3.000 Leit ukomm. Mir sinn elo emol nach net op 2.500, wann ech dat emol esou ka soen. Mä dëst Land huet et awer ëmmer fäerdegbruecht, Leit opzehuelen, déi an Nout waren, an dat och ze géréieren. An ech mengen, och dës Kéier wäerte mer et packen!

Ech hu méi wéi ee Buergermeeschter gesi bei den Informatiounsversammlungen, an ech wéilt hei keng politesch Faarf nennen, well ech mengen, an dësem Fall ass et esou, dass et hei net ëm d'Politique politicienne geet, mä et geet drëms, dass mer deen Afflux hei meeschtere kënnen, dass mer déi Leit hei kënnen empfänken an anstännege Konditiounen.

An dass mer se och alleguer zesumme kënnen integréieren an onst Land, wou souwisou scho 46% vun der Populatioun Netlëtzebuerger sinn - dat muss een awer och emol nach eng Kéier soen! Mir hunn awer hei eng Kultur vun Integratioun! Mir kënnen dat. Mir hunn dat konnt an der Vergaangenheet a mir wäerten dat och an Zukunft kënnen, ënnert der Konditioun, dass mer zesummenhalen, dass mer zesummeschaffen, souwuel d'Politik, souwuel de Stat, d'Gemengen, wéi och déi Bénévollen, d'ONGen an all déi aner Associatiounen a Bénévollen, déi um Terrain sinn. Dofir nach eemol e grousse Merci u si alleguer!

E ganz grousse Merci awer och dem Rapporteur Gilles Baum fir déi formidabel Aarbecht. E Merci nach eng Kéier un alleguer d'Mataarbechter am Familljeministère, am OLAI an all déi aner, déi ech genannt hunn. Ech si sécher, dass mer all zesummen dat Kand hei wäerte kënne schaukelen.

An ech soen lech och Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Madamm Minister, erlaabt Der, dass den Här Kartheiser lech eng Fro stellt?

Mme Corinne Cahen, *Ministre de la Famille et de l'Intégration.*- Ech ka jo nees zréckgoen? Ech ka jo vun dohannen äntwerten.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo, selbstverständlech! Dir kënnt och vun dohannen äntwerten, dat ass kee Problem.

Jo, Här Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Kéint ech vläicht no vir kommen, da kënne mer eis an d'Ae kucken?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo, da gëtt et eng nei Interventioun.

(Brouhaha général)

Et war als kuerz Interventioun ugefrot, no 28 Sekonnen, da maacht och eng kuerz Interventioun dorauser, net eng nei Interventioun!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Parole après ministre?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dat hat Der net esou ugefrot.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Hien huet elo gefrot.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Also...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo, et muss een awer nach wëssen, wat ee wëllt!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Oh, ech weess genau, wat ech wëll, Här President!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Ech weess et genau! Ech wëll elo emol am Ableck der Madamm Minister zwou Froe stellen. Déi éischt ass - fir nach eng Kéier op d'Zuelen zréckzekommen, et war den Här Baum aus der DP-Fraktioun, dee gesot huet, am Ableck 25 pro Dag -: Kann d'Madamm Minister dat confirméieren oder net? A ka si eis vläicht soen, wéi vill Demandeurs de protection internationale kumulativ am Ableck am Land sinn, wéi vill der déboutéiert sinn an nach hei sinn, fir datt mer emol e Gesamtiwwerbléck iwwert d'Situatioun kréien?

Mir héieren ëmmer: An deem Mount kommen der esou vill un, dëst Joer waren et der ongefëier esou vill... Mä kumulativ, wéi vill hu mer der? Wat ass am Ableck wierklech d'Situatioun? A wéi vill kommen der am Ableck pro Dag? Dat heescht, wat ass d'Projektioun elo iwwert déi nächst Méint?

Déi zweet Fro betrëfft eng Prezisioun, wou ech frou wär, wann d'Madamm Minister mer d'Vue vun der Regierung géif ginn. Ech waarden awer, bis vläicht déi DP-intern Consultatioune fäerdeg sinn...

Kann ech viruschwätzen, Madamm Minister?

(Brouhaha)

Déi zweet Fro ass eng Prezisioun, wou ech frou wär, fir d'Vue vun der Regierung ze kréien: Wat ass eigentlech d'Definitioun an der Vue vun der Lëtzebuerger Regierung vun engem Krichsflüchtling? Ech stellen d'Fro esou: Wann een aus Syrien...

Plusieurs voix.- Ooh!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Wann een aus Syrien fortleeft an d'Tierkei, oder aus dem Libanon, fir sech a Sécherheet ze bréngen, ass ee kloer e Krichsflüchtling. An der Tierkei an am Libanon an a Jordanien ass awer kee Krich. Wann een da vun do a Griichenland geet: Do ass kee Krich! Vu Griichenland an Albanien oder an déi fréier jugoslawesch Republik Mazedonien: Do ass néierens e Krich! Déi kommen da vu Land zu Land heihinner, wou awer néierens e Krich ass. Wéini ass een an den Ae vun der Regierung e Krichsflüchtling? A wéini hält dat, dee Qualificatif, an den Ae vun der Lëtzebuerger Regierung op?

Ech soen lech Merci.

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Madamm Minister.

Mme Corinne Cahen, *Ministre de la Famille et de l'Intégration.*- Ech äntwerte vläicht fir d'Éischt. Et ass méi einfach, oder? Wéi Der wëllt, Här President!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo, d'Madamm Mergen...

Mme Corinne Cahen, *Ministre de la Famille et de l'Intégration.*- Et ware jo prezis Froen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- ... huet d'Wuert nach gefrot, fir...?

Mme Martine Mergen *(CSV).*- Fir eng Fro ze stellen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Fir eng Fro ze stellen. Majo, da maacht dat an engems, da kann d'Madamm Minister op déi dräi äntwerten.

Mme Martine Mergen *(CSV).*- Jo, Madamm Minister, ech wollt eigentlech nëmmen eng praktesch Fro stellen. Ma ech hat virdrun eng äänlech Diskussioun mam Här Finanzminister, deen och gesot huet, et géif näischt een drun hënneren, dass ee Projeten och scho virum Avis vum Statsrot an der Kommissioun kéint diskutéieren, an och grad, wa se urgent sinn. An dat ass jo hei net geschitt!

Dofir wollt ech awer nach eng Kéier nofroen, ob Der bereet sidd, an Zukunft vläicht éischter mat Äre Projeten an ons Kommissioun ze kommen, fir dass mer méi eng seriö Aarbecht kënne maachen.

Merci.

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Madamm Minister, Dir hutt d'Wuert.

Mme Corinne Cahen, *Ministre de la Famille et de l'Intégration.*- Här President, villmools Merci. Wat d'Zuel vun den Demandeurs de protection internationale ugeet, esou ass et esou, dass bis den 1. November, also vu Januar bis November, 2.018 Leit an der Prozedur ageschriwwe waren. Mir ware virgëschter op enger Informatiounsversammlung zu Stengefort - do hat ech nach eng Kéier beim Immigratiounsministère nogefrot -, et waren der deen Dag, also virgëschter, 2.338, fir lech déi genee Zuel ze soe vun deenen, déi bis elo ageschriwwe sinn an enger Procédure d'immigration, also de réfugié, d'asile.

Dann, dat anert ass: Wat ass e Krichsflüchtling? Wësst Der, Här Kartheiser, als Familljen- an Integratiounsminister ass et net u mir, d'Leit ze jugéieren, wéi ee Flüchtling se sinn. Ech sinn a mengen Attributiounen dofir responsabel, déi Leit, déi hei Asyl froen, anstänneg ze empfänken, ze kucken, dass se en anstännegen Ennerdaach hunn, mënschewierdeg, dass se ugedoe sinn, dass se ze iesse kréien, dass se en Accompagnement hunn, wat d'Assistant-sociallen an aner Éducateuren ugeet, dass d'Kanner an d'Schoul ginn. Dat ass dat, woufir mäi Ressort hei steet. Et ass net u mir, ze jugéieren. Dofir sinn aner Leit do, fir ze kucken, wien däerf

bleiwen a wien net däerf bleiwen. An dofir kann ech lech déi Definitioun leider net ginn.

Ech wollt awer och nach der Madamm Mergen äntwerten: Ganz gären, ech wäert dann an Zukunft méi fréi kommen.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci. An da géife mer zum Vott iwwergoe vum Projet de loi 6775.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6775 et dispense du second vote constitutionnel

An de Vott fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

De Projet 6775 ass mat 32 Jo-Stëmmen, 3 Nee-Stëmmen, bei 25 Enthalungen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par Mme Martine Mergen), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dat ass dann esou décidéiert.

Da komme mer zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut, dat ass de Projet de loi 6904, eng Ofännerung vum Code du Travail. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Georges Engel.

6. 6904 - Projet de loi portant modification:

1. du Code du Travail;

2. de la loi modifiée du 17 février 2009 portant: 1. modification de l'article L.511-12 du Code du Travail; 2. dérogation pour l'année 2009, aux dispositions des articles L.511-5, L.511-7 et L.511-12 du Code du Travail;

3. de la loi modifiée du 3 août 2010 1) portant introduction de diverses mesures temporaires visant à promouvoir l'emploi et à adapter les modalités d'indemnisation de chômage et complétant ou dérogeant à certaines dispositions du Code du Travail; 2) modifiant les articles L.513-3, L.521-7 et L.523-1 du Code du Travail; 3) modifiant la loi modifiée du 17 février 2009 portant: 1. modification de l'article L.511-12 du Code du Travail; 2. dérogation, pour l'année 2009, aux dispositions des articles L.511-5, L.511-7 et L.511-12 du Code du Travail

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

M. Georges Engel *(LSAP), rapporteur.-* Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 6904 ännert verschidden Dispositioune vum Code du Travail, grad wéi eng Partie Gesetzer, déi hirersäits de Code du Travail dann och ofänneren.

Méi prezis geet et ëm véier Punkten: D'Verlängerung ëm ee Joer vun den Dispositiounen iwwert d'Période de référence an de Plan d'organisation du travail, den „POT" genannt, d'Aféierung, zweetens, vun neie Beschäftegungsmesurë fir Aarbechtsloser iwwer 45 Joer, oder ab 45 Joer, besser gesot, dann drëttens d'Ofschafung vu verschiddenen temporäre Mesuren am Beräich vum Chômage partiel de source conjoncturelle...

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Entschëllegt, Här Rapporteur, ech géif d'Kolleege bieden, déi wëllen erausgoen, dat dann elo ze maachen. An déi aner Kolleegen, do lauschtere mer zesummen dem Rapporteur no. Villmools Merci.

M. Georges Engel *(LSAP).-* ...a véiertens d'Verlängerung ëm zwee Joer vu verschiddene Mesuren am Beräich vun de Chômage-Indemnitéiten.

D'Referenzperiod vu véier Woche respektiv engem Mount an de POT goufe mam Gesetz vum 12. Februar 1999, dem Gesetz iwwert de Plan d'action national en faveur de l'emploi, dem PAN-Gesetz, agefouert an duerno an de Code du Travail integréiert. D'Mesurë waren uganks bis Enn 2003 limitéiert a goufen zanterhier ëmmer erëm verlängert, iwwert déi eenzel Regierungen ewech.

Esou wéi et am Accord vum 14. Januar 2015 tëschent der Regierung an der UEL festgehale gi war, goufen dës Mesuren a verschiddene Reunioune vum Comité permanent du travail et de l'emploi diskutéiert. An dobäi huet sech dunn erausgestallt, dass d'Sozialpartner onzefridde si mat den aktuelle Regelungen. Trotz weideren Diskussiounen, ënner anerem opgrond vu Propositioune vum Aarbechtsministère, konnte si kee Konsens iwwer eng Reform vun den Dispositiounen iwwert d'Referenzperiod an de Plan d'organisation du travail fannen.

Déi entspriechend Bestëmmunge ginn also nach eemol ëm ee Joer verlängert, fir de Sozialpartner Zäit ze loossen, sech ze eenegen op eng gemeinsam Léisung, déi souwuel den Entreprisen et géif erlaben, fir hir Aktivitéiten am Sënn vun enger besserer Produktivitéit ze plangen an ze organiséieren, an de Salariëë géif hëllefen, d'Familljen- an d'Beruffsliewe besser ënner een Hutt ze kréien.

Deen zweete Volet vum Gesetz, deen dréint sech ëm zwou nei Beschäftegungsmesuren, déi sech geziilt u méi vulnerabel Chômeuren adresséieren, déi bis ewell net wierklech vun de bestoende Mesurë profitéiere konnten, dat heescht Chômeuren iwwer 45 Joer a Chômeure mat enger Capacité de travail réduite, dat heescht déi, déi reklasséiert sinn, oder déi drëtt Kategorie vu Leit, Leit mat engem Statut vum Salarié handicapé.

De leschten Zuelen no waren dat 7.174 Persounen iwwer 45, déi bei der ADEM ageschriwwe sinn, dovunner 2.790 indemniséiert Chômeuren. Derbäi koumen dann nach eng Kéier 5.006 Persounen, déi reklasséiert sinn, 467 dovun och zousätzlech mam Statut vum Salarié handicapé, an dann nach 1.373 Salariés handicapés, déi net de Statut vum Salarié reclassé hunn. Dir gesitt, et ass eng grouss Zuel vu Leit!

Déi nei Mesurë sinn engersäits e kuerze Stage de professionnalisation vu sechs, maximal néng Wochen an anerersäits ee méi laange Contrat de réinsertion-emploi vun zwielef Méint. Deen Éischten ass net rémunéréiert, mä e gëtt d'Recht op eng Indemnitéit vun 323 Euro.

An et gëtt Moossnamen, fir de Patron duerno ze encouragéieren, fir de Chômeur um Enn vum Stage anzestellen, näämlech, dass him wärend engem Joer 50% vum soziale Mindestloun rembourséiert ginn, wann de Chômeur direkt en onbefristete Kontrakt kritt.

Déi méi laang Mesure, also de Contrat de réinsertion-emploi gesäit vir, dass de Chômeur am Betrib en Tuteur kritt, dee sech ëm e këmmert, an dass e Plan de formation ausgeschafft gëtt. Bei dësem Stage huet de Chômeur och Recht op déi Indemnitéit vun 323 Euro, zousätzlech dat dann zu senger Indemnité de chômage, senger Indemnité d'attente, der Indemnité professionnelle d'attente oder dem Revenu pour personnes gravement handicapées, natierlech alleguer net cumulatif, mä eenzel.

Wann de Chômeur keng Indemnitéit virdrun hat, dann huet hien d'Recht op eng Indemnitéit an Héicht vum soziale Mindestloun. An alle Fäll rembourséiert de Patron 50% vum soziale Mindestloun un de Fonds pour l'Emploi.

Dës Beschäftegungsmesuren ersetzen dee méi generelle Stage de réinsertion professionnelle, dee sech bis ewell un alleguer d'Chômeuren iwwer 30 Joer adresséiert huet. Hei ass also eng Begrenzung vun ab 45. Engersäits gouf awer festgestallt, dass grad déi méi schwaach Kategorie vu Chômeure wéineg vun där Mesure profitéiert hunn, an anerersäits, dass wéineg vun deene Leit, déi an där Mesure waren, näämlech nëmme 26%, duerno och vun där Entreprise agestallt goufen.

Et gouf kritiséiert, dass et an Zukunft keng Mesure méi gëtt fir d'Réinsertioun vun den 30- bis 44-Järegen. Effektiv ass dat de Fall. Mä d'Zil ass jo och, fir Mesuren ze schafen, déi méi geziilt fir Demandeurs d'emploi geduecht sinn, déi méi schwéier an den Aarbechtsmaart ze integréiere sinn. Alles a jiddereen ze fërderen, brëngt net vill. Wann Der jidderee fërdert, da fërdert Der u sech, da subventionéiert Der keen!

Fir déi 30- bis 44-Järeg bleiwe jo dann awer och nach déi ganz Méiglechkeete vum Suivi vun der ADEM - d'Aide à la mobilité, à la création d'entreprise, d'Aide chômeurs longue durée -, alleguerten déi Mesuren, déi et bei der ADEM nach gëtt, an natierlech och déi ganz Offer am Beräich vun der Formatioun, déi all Mënsch bei der ADEM jo och ugebuede kritt. Domadder, a well si jo awer iwwer hir ganz Aarbechtscapacitéit verfügen, misst et fir si u sech méi einfach méiglech sinn, nees eng Plaz ze fannen, wéi fir déi Kategorie vu Chômeuren, un déi sech déi nei Mesuren hei adresséieren.

Déi zwou nei Mesurë riichte sech just un déi Patronen, déi och eng reell Perspektiv kënne bidden, fir d'Chômeuren duerno anzestellen. Och hei gouf kritiséiert, et wär kaum méiglech fir d'ADEM, dat richteg anzeschätzen. Dat ass allerdéngs eppes, wat et elo scho gëtt, wat elo och scho gemaach gëtt. An an deem Sënn ass dat also näischt Neies, et ass also keng nei Appréciatioun méi. Dat heite gëtt et och elo schonn!

Et gouf och de Choix gemaach, fir net am Gesetz d'Zuel vu Mesurë pro Demandeur d'emploi oder Patron ze limitéieren. D'ADEM mécht e Suivi, fir eventuell Abusen ze évitéieren, an et ass besser, dass ee sech do déi Flexibilitéit au cas par cas gëtt.

Et gouf virun allem vun der Chambre des Salariés kritiséiert, dass verschidden Dispositiounen iwwert d'Begleedung an den Encadrement vum Demandeur d'emploi, déi beim Contrat d'initiation à l'emploi, beim CIE virgesi sinn, hei an dësem Text net iwwerholl goufen. Déi sollen, an dat hu mer an der Kommissioun och bestätegt kritt, dann awer am Géigenzuch an der neier Konventioun tëschent der ADEM an dem Promoteur festgeschriwwe ginn. Iwwregens kritt een iwwert déi zwou Mesuren och eng Priorité d'embauche an hir Dauer gëtt bei der Proufzäit dann och ofgehalen. Also eng gutt Mesure fir d'Leit, wa se dann och herno kënnen do weiderschaffen.

En drëtte Volet vum Projet de loi dréint sech ëm de Chômage partiel de source conjoncturelle, wou no enger Evaluatioun vum Comité de conjoncture festgehale gouf, dass deen amgaangen ass erofzegoen. Deemno wäert déi Mesure net weider verlängert ginn. Domadder gëllt an Zukunft nees den Droit commun, dat heescht, dass de Fonds pour l'Emploi vun der 17. Stonn un intervenéiert, an dat fir 50% vun der normaler Aarbechtszäit iwwer eng Period vu sechs Méint gekuckt.

Schlussendlech ginn nach eng Partie Mesuren am Beräich vun de Chômage-Indemnitéiten ëm zwee Joer verlängert, ënner anerem wat d'Aussetze vun den degressive Plaffongen ugeet. Effektiv weisen déi lescht Chômagezuelen, dass sech eng éischter positiv Entwécklung ofzeechent, glécklecherweis! Verschidde Kategorië vun Demandeurs d'emploi hunn et awer weider schwéier, fir nees um Aarbechtsmaart Fouss ze faassen, esou dass et sënnvoll ass, déi Mesuren do nach eng Kéier ze verlängeren.

Dat wär et gewiescht, Kolleeginnen a Kolleegen. Ech ginn heimadder den Accord vun der sozialistescher Fraktioun an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci och dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet direkt den éischten ageschriwwene Riedner, den Här Marc Spautz.

Discussion générale

M. Marc Spautz *(CSV).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt e grousse Merci un de Georges Engel fir säi Rapport, deen hien elo gemaach huet. Et ass e Projet de loi, dee mer haut diskutéieren, wou vill Saache mateneen dra sinn. De Georges Engel huet déi véier Saachen, déi an dësem Projet de loi behandelt ginn, zesumme presentéiert.

Et däerf een an deem Ganzen net vergiessen, dass och nach en anere Projet de loi um Dësch läit, an dat ass dee vun de Mesures des âges (veuillez lire: Mesures en matière de politique d'âges). An et ass do, wou ee vun de Punkten ass - a weder de Minister nach d'Kolleegen aus der Kommissioun sinn elo iwwerrascht, wann ech dat soen, well ech hunn et och schonn an der Kommissioun gesot -, wou mer eis d'Fro stellen, firwat mer dat op esou vill Packagë verdeelen. Firwat brénge mer et net fäerdeg, e koordinéierten Text erauszebréngen, wou all déi Mesuren dra sinn, déi solle gemaach gi fir déi Leit vu 45 respektiv 50 Joer plus a vun deenen aneren?

Mäi Kolleeg, den Aly Kaes, hat an der Kommissiounssitzung, wéi mer de Programme des âges diskutéiert hunn, gesot, et wier vläicht besser, et géif een déi zwee Projete fusionéiere respektiv deen een zréckzéien, fir da kënne méi eng kloer Linn an deene Projeten erëmzefannen.

Ee vun den Haaptpunkten, firwat mer dat jo haut musse stëmmen, geet zréck op d'Tripartite vun 1997. Et ass d'Tripartite vun 1997 - oder 1996, pardon -, déi de PAN festgehalen huet, déi de POT festgehalen huet. Do sinn och nach deemools aner Saache festgehale ginn, ënner anerem och de Congé parental ass eng Décisioun, déi deemools 1996 mat an där Tripartite geholl ginn ass.

Deemools ass gesot ginn, wat de PAN a wat de POT ubelaangt, déi däerfte maximal op eng Durée komme vu fënnef Joer. Dofir ass och am éischte Gesetz, wat gestëmmt ginn ass 1998, festgehale ginn, dass déi Mesurë vum Plan d'action national respektiv vum Plan d'organisation du travail, nëmmen däerfte lafe bis 2003 an no 2003 misst et domadder eriwwer sinn.

An deemools huet de Statsrot scho geschriwwen, dass et schonn - ech mengen, den Här Schmit war déizäit Member vum Statsrot, ech sinn awer do elo net méi sécher, wann ech elo zréckrechnen -, en hat deemools geschriwwen, dass et scho komesch wier, dass mer en Délai géifen draschreiwen, wéini ee Gesetz géif auslafen. En hat do eng Remarque derbäi gemaach, keng Opposition formelle, mä dass dat awer dach e bëssen iwwerraschend wier.

Do ass och 2003, an do war jo dann nach ëmmer e Kapitän an deem Ministère - well mer jo haut wëssen, wéi dat ëmmer ass: Alles, wat d'CSV gemaach huet, war schlecht, alles, wat déi aner gemaach hunn, war gutt -, 2003 war et jo dann nach en CSV-Minister, dee proposéiert huet, de Projet ze verlängeren, deen duerno dann och nach eng Kéier ëm fënnef Joer verlängert ginn ass. An duerno hu mer nach eng Kéier eng Verlängerung gemaach, an dat ass déi, déi haut a 14 Deeg ofleeft, an domadder wier et eriwwer mam Gesetz vum PAN a mam Gesetz vum POT.

Mir hunn et also net fäerdegbruecht zanter 1996, iwwerspëtzt formuléiert, en Arrangement ze fannen zwëschen de Sozialpartner, wat d'Flexibilitéit vun den Aarbechtszäiten ubelaangt respektiv wat de Plan d'organisation du travail ubelaangt, dat heescht d'Referenzperiod.

Déi Fro, déi ech mer just stellen, ass: Wa mer et jo vun 1996 un net fäerdegbruecht hunn am Sozialdialog, an ech liesen am Gesetz, an d'Erklärungen, déi de Minister eis ginn hat, dat wier elo alles fäerdeg bis den 31. Mäerz 2016, esou steet et näämlech an den Erklärunge mat dran, dass bis dohinner d'Méiglechkeete fonnt wieren an dass een dofir dee Projet nëmme bräicht ëm e Joer ze verlängeren an da wieren duerno all Problemer geléist... Also ech war do e bëssen erstaunt, well ech mech kann erënneren, dass, wéi mer heibanne virun der Summervakanz e Projet gestëmmt hunn, deen do geheescht huet „iwwert d'Matbestëmmung", do hunn ech erkläert kritt vu verschiddene Regierungsmemberen - ech wëll dat ënnersträichen, net nëmme vum Aarbechtsminister -, dass de Sozialdialog esou gutt géif fonctionnéiere wéi nach ni virdrun an dass een do all d'Arrangementer géif fannen.

Dat hat mech deemools schonn e bësse gewonnert, well jo zwee verschidden Arrangementer do sinn. Et ass den Arrangement vum 28. November 2014 vun der CGFP, OGB-L, LCGB mat der Regierung. Deen huet ënnerschiddlech Positiounen, deen huet ënnerschiddlech Kapitelen, e Kapitel iwwer Familljepolitik, e Kapitel iwwer Politique de l'emploi, iwwer Réemploi, iwwert d'Préretraite-solidarité, en huet der an dem Domän vun der Fiskalitéit, en huet der an dem Domän vun der Sécurité sociale.

Deen Accord ass ënnerschriwwe ginn, wësse mer, an haut ass nach eng Reklamatioun bäikomm, wou reklaméiert ginn ass säitens de Gewerkschaften, dass et dach komesch wier, dass dat en Accord wier, dee mat der Regierung ënnerschriwwe gi wier, an dass elo Projet-de-loien ënnerwee wieren, wou deem, wat an deem Accord steet, net Rechnung gedroe gëtt. Dat ass elo net am Travail an dësem Fall, dat ass dës Kéier am Fall vun der Famille, wou festgehale gi war, dass d'Primmen an d'Kannergeld géifen ugepasst ginn. Esou eppes steet iwwerhaapt net am Projet de loi mat dran! An dat ass och eng vun de Kriticken, déi elo vun de Gewerkschaften ubruecht ginn.

An haut de Mëtten hu mer héieren, dass souwuel d'Gewerkschafte sech beruffen op hiren Accord vum November 2014, wéi och d'Patrone sech beruffen op hiren Accord vum